

Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké (par M. Alex Bodry), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Marc Zanussi), MM. Jos Scheuer (par M. Mars Di Bartolomeo), Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par M. François Bausch), Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

Se sont abstenus: MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Colombero), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Gibéryen);

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel ze ginn?

**(Assentiment)**

Et ass esou décidéiert.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4893 iwwert d'Chargés de cours. D'Riedezeit ass nom Modell 2 festgeluegt. Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Wiseler, Zanussi, Bettel, Henckes, Garcia a Bisdorff.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, d'honorabel Mme Agny Durdu.

**4. Projet de loi 4893 portant**

- 1. fixation des modalités d'une formation offerte aux chargés de cours de l'éducation préscolaire ou de l'enseignement primaire;**
- 2. création et organisation d'une réserve de suppléants pour l'éducation préscolaire et l'enseignement primaire;**
- 3. ajout d'un alinéa 2 à l'article 4 de la loi modifiée du 24 mai 1989 sur le contrat de travail;**
- 4. modification des articles 30 et 41 de la loi du 10 août 1912 concernant l'organisation de l'enseignement primaire;**
- 5. abrogation de l'article 16 de la loi modifiée du 5 juillet 1991 portant:**
  - a) fixation des modalités d'une formation préparant transitoirement à la fonction d'instituteur;**

**b) fixation des modalités d'une formation préparant transitoirement au certificat de qualification de chargé de direction;**

**c) création d'un pool de remplaçants pour l'éducation préscolaire et l'enseignement primaire;**

**d) dérogation à la loi du 24 mai 1989 sur le contrat de travail**

***Rapport de la Commission de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports***

**Mme Agny Durdu (DP), rapportrice.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den educative Moie gëtt och nach en educativen Nomëtteg. Ech géif lech da bieden, mir nach eng Kéier Är Opmierksamkeet ze ginn, wann ech lech d'Explicatiounen zu dësem Projet de loi vir-droen.

Bei dësem Projet de loi geet et drëm, fir d'Situatioun vun de Chargés de cours ze regulariséieren. D'Situation de départ, déi mer virfannen an der Education nationale, ass déi, dass mer natierlech prioritär all wëllen op brevetéiert Personal zrëckgräifen, mä datt mer leider Gottes an deene leschte Jore sou eng Pénurie u brevetéiertem Personal haten, datt allgemeng am Land - oder ech géif soen, wierklech bal allgemeng - op Chargé-de-coursen huet missen zrëckgegraff ginn. Et ass elo dëse Chargé-de-coursen ze verdanken, dass eist Educationssystem bis haut nach net e Kollaps erlidden huet.

Wéi gesinn d'Zuelen aus? Wann een 1995 an 1996 kuckt, da kann ee feststellen, datt mer 2.395 Enseignants brevetés haten, an am Joer 2001 hu mer der elo 2.934. Trotz all deenen Efforten, déi mer gemaach hunn, trotz all deenen Efforte brevetéiert Personal ze rekrutéieren, musse mer awer haut feststellen, dass mer nach ëmmer net genuch brevetéiert Personal hunn. Fir lech eng Iddi ze ginn: Fir d'Rentrée 2002/2003 hu sech 200 Kandidaten zu den Examen gemellt; all wäerte se wahrscheinlech dësen Examen net packen. Mä nach ass et esou, dass esouguer dës 200 Kandidaten oder déi Zuel, déi eben erreecht gëtt, et net wäerte méiglech maachen, fir der Pénurie entgéintzekommen. Et muss een nämlech feststellen a sech virun Aen halen, datt och dës Joer ongeféier ëm 70 Persounen wäerten an d'Pensioun goen, plus oder minus 50 nei Poste wäerten dës Joer geschafe ginn; dat ass par rapport zu der Experienz, déi een an deene leschte Jore konnt gesinn. Do sinn och nach eng ganz Rei nei Situatiounen, mat deenen d'Gemengen ebe konfron-

téiert ginn. Et sinn nei Congé-de-maternitéen, déi gefrot ginn, nei Congé-sans-solden, nei Congé-parentalen, nei Congée fir en Travail à mi-temps.

Mir kruten, nodeem datt mer dat bei der Regierung a bei hire Membre gefrot haten an der Kommissioun, als Informatioun, dass mer bis ewell hei am Land plus oder minus 800 Chargéen hunn, dovunner hunn der 20 bis 25% keng Première, an een Drëttel ongeféier huet ee Contrat en bonne et due forme, well se sinn engagéiert ginn zënter dem 15. September 1998.

Sougutt Dir wéi mir stellen eis Froen, wann et heescht, firwat mer da keng méi genau Chifferen hunn. Ganz einfach, de Ministère huet eis erkläert, datt eng Partie Gemengen hir Organisation scolaire net eraginn. Ech wéilt hei nach eng Kéier vun der Geleeënheet profitéieren, fir en Opruff ze maachen un all Gemengen, fir onbedéngt hir Organisation scolaire eranzeginn un de Ministère, fir dass do all Zuelen an all Personal deementsprechend a Registere kënnen erfaasst ginn, well dat erliichtert a viller Hisiicht d'Aarbecht vum Ministère.

Au vu vun dëser Situatioun - ech hat et ewell virausersot -, konnte mer also feststellen, datt de Besoin u Chargé-de-coursen e manifeste Besoin ass. Et ass och ze verstoen, dass sech déi Chargé-de-coursë sech op eemol Froe gestallt hunn a sech gesot hunn, engersäits si mer gutt gewiescht, fir de System um Liewen ze erhalen, op der anerer Säit fänken d'Leit elo un déi eng oder aner Kriticken ze maachen. Wéi ass dann iwwerhaupt eis Situatioun am Enseignement public ze gesinn? Nodeem dass se keng Satisfactioun kruten, sinn déi eng oder déi aner op d'Gericht gaangen, mat dem Resultat, wat mer kennen, datt d'Jurisprudenz kloer gesot huet, de Patron vun de Chargé-de-coursë sinn d'Gemengen, a si sinn do mat engem Contrat à durée indéterminée agestallt.

Au vu vun dëser Situatioun ass d'Situatioun eskaléiert, an d'Politik huet misse reagieren. Net méi spët wéi de 5. Dezember 2001 hu mer hei an der Chamber eng Motioun ugeholl, aus där ech déi fënnef Richtlinnen, déi mer deemools festgehalten hunn, nach eng Kéier eis wéllt an Erënnerung bréngen.

- 1) "poursuivre les efforts de recrutement du personnel breveté"
- 2) "procéder par la voie législative à la régularisation de la situation des chargés de cours en se basant sur la jurisprudence établie en la matière"
- 3) "offrir aux chargés de cours la possibilité d'une formation de base avec affectation à un pool de remplacement"

4) "organiser une formation continue permettant aux chargés de cours de parfaire leur formation et leur expérience professionnelle acquise"

5) "prévoir dans le cadre de l'élaboration d'un projet de loi portant sur la réforme de la formation des instituteurs la possibilité d'une deuxième voie de formation permettant d'accéder à un diplôme d'instituteur".

Aus dëser Ausgangspositioun eraus ass dëse Projet de loi vun der Regierung deponéiert ginn am Dezember d'lescht Joer. Mir hunn en eng éischte Kéier virgestallt kritt an der Kommissiounssitzung am Januar dëses Joers. D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics huet säin Avis eragereecht den 8. Mäerz, an de Statsrot huet säin de 4. Juni eragereecht. Mir hunn dorophin an der Kommissioun dësen Avis analyséiert. Mir hunn och nach eng Kéier d'Syndicater gehéiert, fir dass keen eis kéint de Virwurf maachen, mir hätten als Chamberskommissioun deen Dialog net wëlle féieren, mat deem Resultat, wat mer kennen, well net méi spët wéi gëschter hate mer trotz allem ee Syndicat an deen Dag virdrun deen anere Syndicat virun der Dier stoen, déi net mat dësem Projet de loi zefridde sinn.

Mir waren awer mehrheetlech an der Kommissioun der Meinung, dass dëse Projet de loi déi absolut Nécessitéit war. Dofir ass dëse Projet de loi sou ganz séier duerch d'Kommissioun gaangen, mat deem Resultat - dat hutt Der de Moie gesinn, wéi Der erakoumt -, dass nach en Avis complémentaire beim Statsrot gefrot gouf, net well mer am Coordonné Sënnverännerungen agefouert hunn an dësen Text, mä well ganz einfach bei der Redaktioun vum Texte coordonné opgefall ass, dass do nach zum Beispill d'Réserve communale an deem engen oder aneren Artikel erschingen ass, obscho mer gesot haten, mir géife se eraushuelen. Mir hunn nach eng Kéier dunn de Dossier duerch de Statsrot goe gelooss, an deen huet festgestallt, datt dës eigentlech keng Amendementer sinn, mä einfach redaktionell Verbesserungen. Dowéinst ass deen Avis komm, deen also keen Afloss weider méi gehat huet op eng nei Ausrichtung oder nei Iddien, déi an dësem Projet de loi zréckzefanne sinn.

Ënnerschiddlech Meinunge si lo ganz bestëmmt an dësem Kontext ze fannen, an déi éischt Differenz fanne mer tëschent Ministère an SNE an SEW, wann et drëm geet, fir ze soen, ob mer nach vill Chargéen an der Zukunft brauchen, Jo oder Neen, oder wéi d'Situatioun vum Recrutement vu brevetéiertem Personal ass. D'Prioritéit wäert ganz kloer gesat ginn op d'Engagement vu brevetéiertem Personal. Den SNE ass awer der Meinung, an den SEW och, dass nach an deenen nächsten zwee bis dräi Joer déi Situatioun vun der Pénurie vun den En-

seignantë wäert verschwannen. Mir wäeren alleguere ganz frou, wann deem sou wär, mä no deenen Erklärungen, déi mer krute vun der Regierung an eiser Chamberskommissioun, muss een awer soen, dass een dës Ausso mat ganz vill Virsiicht genéissee muss. Ech mengen éischter, dass déi Approche vum Ministère, fir ze soen, déi Pénurie wäerte mer nach eng Zäit laang matschleefen, trotz deene massive Recrutementen, déi mer wäerte virhuelen, éischter richteg ass. Dofir sollte mer dann och Vorsicht walten lassen.

**(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)**

Wat si lo d'Ausrichtungen an dësem Projet de loi? Dëse Projet de loi dréit ëm folgend Haaptiddien: Éischstens, eng Formatioun ze offrëieren un d'Chargé-de-coursen. Dat ass den Artikel 1 vum Gesetz, deem dat virgesäit. Natierlech, fir zu dëser Formatioun zougelooss ze ginn, muss een eng Partie Konditiounen erfëllen. Éischstens muss een dem Artikel 3 vum Gesetz vum 27. Januar 1972 entsprechen, deem all Employé de l'Etat muss erfëllen. Zweetens muss een eng Première hunn, oder en Diplom, deem als equivalent unerkannt gëtt. Drëttens muss een déi Attestatioun hunn, aus där ervirgeet, dass een därëf an der Primärschoul ersetzen. Dat sinn déi Certificaten, déi ee vum Collège des Inspecteurs kritt, nodeem een e Stage vun dräi Woche gemaach huet. Déi véiert Konditioun ass, dass een eng Anciennetéit vun dräi Joer Enseignement kann noweisen.

Hei muss ech soen, de Regierungstext hat eigentlech fënnef Joer virgesinn, mä de Statsrot huet awer gemengt, dräi Joer wär awer eigentlech och ewell eng Anciennetéit, déi duer géif goen, fir därëf vu sou enger Formatioun ze profitëieren. Mir hunn eis an der Kommissioun un dësen Avis ralliéiert, a gesot, dräi Joer Anciennetéit sinn deem geméiss gefrot.

Wéi gesäit elo déi Formatioun aus?

Et ass eng Formatioun, déi hei de Chargéen offrëiert gëtt, vun 120 Stonnen. Den Detail, wéi déi Formatioun ausgesäit, wäert an engem Règlement grand-ducal festgehale ginn. Op alle Fall wäert no dësen 120 Stonnen en Test oder eng Epreuve gemaach ginn, an déi gëtt da sanctionnéiert duerch eng Attestation d'admissibilité à la réserve de suppléants.

Ech muss hinzufügen, dass virgesinn ass, no deenen Erklärungen, déi mer vun der Regierung kruten, dass an enger éischter Phas 100 Leit zu dëser Formatioun zougelooss ginn, an an deem nächste Joer 60 an dat Joer dono nach eng Kéier 60 Kandidaten. Lo kann een d'Kritik maachen a froen, firwat da grad 100. Mir hunn do Erklärunge gefrot, a krute se och vun der Regierung. Et

ass nämlech festgehale ginn, dass ee mol éischstens déi Reserv ulafe léisst, fir ze kucken, wéi vill Demande kënnt a wéi vill Demande net kënnt. Zweetens ass 100 am Fong geholl déi Limite, an där d'Regierung momentan kann en uerdentleche Cours, eng uerdentlech Ausbildung, offrëieren, sou dass een an enger éischter Phas bei deenen 100 bleiwe wëll.

Mir hunn och d'Diskussioun iwwert déi zweemol 60 hannendru mat der Regierung gefouert, a si waren der Meenung, dass ee kucke muss, wéi d'Besoinen an d'Nécessitéit sech stellen. Déi 60 si kee Chiffer, deem inamovible ass, dee kann entweder no uewen oder no ënnen variëieren, deementspreechend wéi d'Demande sech wäert weisen.

Déi zweet wichteg Aufgab vun dësem Gesetz ass dann eng Réserve nationale de remplaçants ze schafen. Den initiale gouvernementalen Text gesäit am Fong geholl zwou Zorte vu Réserve vir: eng Réserve nationale, an d'Gesetz hat expressis verbis virgesinn, dass et deene grouss Gemengen erméiglecht kéint ginn, wa si et froe géifen, fir eng Réserve communale anzefëieren. Mir hunn dat an der Kommissioun analyséiert a hu misse feststellen, déi grouss Gemengen hate keng Begeeschterung fir sou eng Réserve communale ze schafen, d'Syndicater hirsäits ware strikt dergéint. De Statsrot huet a sengem Avis gesot, hie géif déi Iddi vun der Réserve communale och net begreissen, well et senger Meenung no nëmme géif, op gutt Lëtzebuergesch gesot, zu Duerchenee féieren, mä net zur Clarificatioun vun der Situatioun.

Dorophon hu mer an der Kommissioun décidéiert, dass mer déi Réserve communale aus dem Text eraushuelen. Da bleift eis also nach déi Réserve nationale, wann ech dat emol sou därëf soen.

D'Iddi vun enger Réserve nationale ass näischt Neies. Et gouf e Gesetz, wat de 5. Juli 1991 hei gestëmmt ginn ass, wou e Pool geschafe ginn ass. Deemools waren déi Conditions d'admission vill manner strikt, mä par contre war dat Gesetz an der Zäit limitéiert, soudatt also d'Iddi vun der Réserve nationale näischt Neies ass, mä dass mer do am Fong geholl déi Iddi vun 1991 iwwerhuelen. Ech wëllt och hei soen, dass déi Leit, déi an deem Pool vun 1991 waren, automatesch och erëm wäerten an déi nei Réserve erageholl ginn, déi mat dësem Gesetz geschafe gëtt. Dat Gesetz vun 1991 gëtt och automatesch abrogéiert, wa mer dat heite Gesetz stëmmen, soudatt also och do keen Hiatus a weider keng gréisser Problematik wäert entstoen.

Déi Réserve nationale gesäit awer och an hirem Artikel 6 vum Gesetzestext vir, dass eng Hierarchie an dëser Réserve nationale ass. Et gëtt festgehalten, wien an déi Réserve

nationale erakënnt, an e setzt eng bestëmmten Hierarchie fest. Do gëtt et fënnef Kategorien. D'Kategorien 1 bis 4 gesi souguer eng Hierarchie vir tëschent dem brevetéierte Personal. D'Kategorie 1 beziechent déi Schoulmeeschteren, déi en ofgeschlossenen Diplom hunn plus den Examen, dee se maache mussen. Déi lescht Kategorie beim brevetéierte Personal ëmfaasst déi, déi "nëmmen" - tëschent Guillemeten - den Diplom vum ISERP respektiv en Diplom aus dem Ausland hunn. Do derzwëschen sinn also déi verschidde Kategorien opgefouert. Déi lescht Kategorie betrëfft déi Leit, déi déi Formatioun vun 120 Stonne gemaach hunn, déi also déi Attestation d'admissibilité à la réserve gepackt hunn an als 5. Grupp an dese Pool erakommen.

De Statsrot huet d'Iddi vun der Réserve nationale begreisst, soudatt mir an der Kommissioun eis dëser Iddi uschlësse konnten. Den Artikel 11 ass vläicht méi interessant wéi mer mengen, well e schwätzt iwwert d'Tâche, déi deene Leit oder deene Membren aus der Réserve nationale zoukënnt. E gesäit vir, dass dës Tâche net nëmmen eng Tâche d'enseignement ass, mä et kann och eng Tâche d'administration oder partiellement administrativ sinn. De Statsrot huet dës Iddi begreisst, gëtt der Regierung awer mat op de Wee, datt do bestëmmte Clarificatiounen komme mussen. Ech huelen un, dass dëst am Règlement grand-ducal geschéie wäert, deen eis ënnerebreet wäert ginn.

Déi nächst wichteg Ausso, déi mer an dësem Gesetz fannen, ass, datt festgehalen gëtt, dass eng Prioritéit agehale muss gi bei der Publication des postes an dass och eng Prioritéit agehale muss ginn an der Hierarchie bei der Nominatioun vun de Kandidaten op déi verschidde Posten.

Wéi gesäit d'Situatioun hei aus? D'Ausso am Artikel 9 vum Gesetz ass kloer: Soulaang e Posten net vun engem Instituteur besat ass, muss dës Posten ausgeschriwwen ginn. E muss no bestëmmte Kriterien ausgeschriwwen ginn. Et ass am Gesetz festgehalen, wien op der Lëscht 1 an op der Lëscht 2 ka kandidéieren, an och, wien op der Lëscht 3 an op der Lëscht 4 ka kandidéieren.

De Statsrot huet dës Iddi fir gutt befonnt an huet eng ganz gutt Remarque gemaach, déi mer och iwwerholl hunn. An zwar seet de Statsrot, et geet net duer, dass d'Gemengen no enger bestëmmter Prioritéit publizéieren, si mussen och no der nämlecher Prioritéit astellen, fir datt et och wierklech sécher ass, dass dem brevetéierte Personal déi néideg Prioritéit zoukënnt. Dëser Iddi hu mer eis, wéi gesot, als Kommissioun ugeschloss, an hunn och dës Textännerung am Artikel 9 gemaach.

D'Artikelen 10 an 12 gesinn an dësem Kontext ganz kloer vir, wéi d'Hierarchie vun der Réserve nationale ass. Wann d'Gemengen astellen, mussen se, wa se Contrats à durée déterminée ginn, oder wa se am Laf vum Joer ersetze mussen, fir d'ëischt kucke goen, ob nach een an der Réserve nationale ass. Wann dat de Fall ass, mussen se deejéineg Prioritéit ginn, ier se op anert Personal sollen a kënnen zrëckgräifen.

Dëst gesot, wollt ech awer nach eppes hinzufügen, wat ech vläicht e bësse vergiess hat. Also, et ass ganz kloer, dass brevetéiert Personal intern an der Reserv eng Prioritéit huet, mä mir mussen eis awer keng Illusiounen maachen. Ier brevetéiert Personal an d'Reserv kënnt, mussen mer wierklech eng Schwemm vu brevetéiertem Personal hunn, a sou wéi d'Situatioun momentan ass, wäerte mer bestëmmt keng sou eng Enseignanten a sou Personal do virfannen.

Ganz interessant an dësem Gesetz ass nach den Artikel 13, dee wichteg ass fir d'Gemengen, déi jo e bësse geheit sinn, an e bëssen an eng onméiglech Situatioun kommen, wou moies op eemol e Schoulmeeschter oder eng Léierin krank ass, a wou et dann heescht, mir mussen ersetzen an ee fir een oder zwee Deeg astellen. Normalerweis, de Regele vum Droit du travail no, misst déi Persoun direkt e geschriwwene Contrat de travail kréien. Mat dem Resultat, datt op deenen enge Gemengen dann esou Signataires en blanc, sou Modèle-typé vu Contrate leien, déi eng si ganz blanc, op déi aner huet de Schefferot ënnerschriften. Vun deene drëtte weess ech net, ob et déi gëtt, wou de ganze Gemengerot ënnerschriften huet. Mä enfin, dat si relativ onméiglech Situatiounen. Beim Artikel 13 ass lo virgesinn, dass d'Gemengen dräi Deeg Zäit hunn, fir dës geschriwwene Kontrakter ze maachen. Bannen deenen dräi Deeg muss de Kontrakt awer geschriwwen ginn, well soss déi normal Regele vum Droit du travail spillen, dat heescht fir d'Gemengen, dass se een agestellt hätte mat engem Contrat à durée indéterminée.

Den Artikel 9 an den Artikel 15, dee sou ganz vill Problemer gemaach huet an den Diskussiounen, sinn am Fong geholl les articles charnière vun dësem Gesetz. Mir mussen eis déi ëmmer virun Aen halen. Lo komme mer dann zu deem berüchtigten Artikel 15, deen de Leit esou ganz vill Kappzerbrieches mécht.

Wat gesäit dësen Artikel 15 vir? E seet, en erlaabt de Conseil-communalen, an engem Délai vun engem Joer vun der Entrée en vigueur vun dësem Gesetz, Chargéen, déi se bis ewell à durée déterminée agesat haten, fir déi à durée indéterminée anzustellen, ënnert dem Statut vum Employé privé. Déi eenzeg Konditioun, déi ee muss erfüllen, fir sou e Kontrakt ze kréien, ass, e Premières-diplom oder en equivalenten Diplom ze hunn.



2030

De Statsrot huet dësen Iddi zougestëmmt. Mä dësen Artikel huet awer Ulass ginn, datt esou munch Diskussiounen gefouert ginn. SEN a SEW sinn der Meenung, dass dësen Artikel ganz aus dem Projet de loi ze sträichen ass. Hiert Argument ass, dass, wann d'Gemengen all déi Chargéen do à durée indéterminée astelle mussen, da schreiw se jo hir Posten net méi aus, an et ergëtt e falscht Sécherheetsgefill bei deenen, déi als Chargé agestellt ginn. Deem ass awer net esou, an dofir hunn ech virauser gesot, an ech soen et lo nach eng Kéier: Den Artikel 9 an den Artikel 15 muss een ëmmer matenee kucken. Den Artikel 9 seet ganz kloer, d'Gemenge mussen déi Posten, déi net mat brevetéiertem Personal besat sinn, auschreiwen. Dat heescht, allgemeng muss e Posten, deen net mat brevetéiertem Personal besat ass, ausgeschriwwen ginn, och, wann e momentan vläicht vun engem Chargé à durée indéterminée iwwerholl gëtt. Bei der nächster Schoulorganisatioun musse se dës Posten awer ausschreiwen.

Sécher seet den SNE mer, d'Gemengen hale sech net dodrun. Ech mengen, do soen ech lech, wat ech an der Kommissioun gesot hunn: De Legislatuer mécht Gesetzer, an da gëtt et ebe Leit, déi sech net drun halen. Et gëtt och Recoursmëiglechkeeten, a wa sech eng Gemeng net un dës Dispositiounen hält, da wäert wuel wahrscheinlech spëtstens de Candidat lésé beim Tribunal administratif areeche. Déi Gemeng wäert do wahrscheinlech net Recht kréien.

E falsche Sentiment de sécurité, dee bei de Chargé-decoursen entstoe géif, gesinn ech net kommen, well nodeem besonnesch och de Statsrot den Artikel 9 clarifiéiert huet a gesot huet, d'Gemenge mussen och no enger bestëmmter Prioritéit astellen, wëssen all Chargéen ab dësem Gesetz, datt se net Fonctionnaire sinn, datt se net onbedéngt bis hir Penssioun ofgeséichert sinn, mä datt se e Contrat à durée indéterminée hunn, sou wéi dat am Privatsecteur ass. Et weess ee jo, datt, wann een am Privatsecteur ass, een, aus wat fir enge Grënn och ëmmer, heiando Schwieregkeete mam Patron ka kréien.

Et ass och eng Diskussioun gefouert ginn doriwwer, wat, wann e Chargé als Employé privé à durée indéterminée agestellt ginn ass, wann also den Artikel 9 spillt, an op eemol e Posten net méi do ass, geschéie kann. Ma jo, da spillen d'Regele vum Droit du travail aus dem Secteur privé. Da muss déi Gemeng dee Chargé ebe licenciéieren, mä mat der Oplo, datt se muss de Préavis an och déi Indemnitéiten un dee betraffene Chargé ausbezuelen. Do si lo Leit, déi mengen, dat kéint awer net goen. Mir sinn awer der Meenung gewiescht, wéi mir dësen Text adoptéiert hunn, dass deem esou ass, well et

ass jo esou, dass e Gesetz der Gemeng virschreift, wéi se d'Kandidaten ze rekrutéieren an anzustellen huet, an dass also e Poste vun deem betreffende Personal besat gëtt an e Licenciement pour motifs économiques kann évoquéiert gi vun de Gemengen.

Mä, well awer an dësem Artikel steet, dass et en Employé privé ass, obschonn en am Enseignement affectéiert ass, kann d'Gemeng mam Chargé ausmaachen, dass en eng nei Roll, aner Missioun ronderëm d'Schoul kritt, oder vläicht an engem ganz anere Service wéi d'Schoul, am allgemenge Service kann affectéiert ginn. Dat ass eng Saach vun Négociatioun. Wéi gesot, eng Résiliatioun pour motifs économiques ass op alle Fall erméiglecht.

D'drëtt Problematik, déi opgeworf ginn ass, ass, dass d'Leit sech gestéiert hunn un deem "peut", deen an deem Artikel do steet. Do kann ee lo vläicht driwwer diskutéieren. Mä da wéilt ech dat elo kloerstellen, an ebe soen, wat dee "peut" dann och beinhalt.

Ech hat et a menger Introductioun gesot, a wéll et och elo nach eng Kéier soen: Zënter der Rentrée 1998 sinn am Prinzip mat all deenen neie Chargéen, déi vun dunn un agestellt gi sinn, geschriwwen Contrats à durée déterminée en bonne et due forme geschriwwen ginn. Mat dësem Artikel 15 ass et da ganz kloer esou, dass déi Chargéen, déi zënter der Rentrée 1998 agesat gi sinn, vun hire Gemenge mat engem Contrat à durée indéterminée agestellt kënnen ginn, awer net musse ginn.

Par contre, déi Chargéen, déi virun dem 15. September 1998 bei de Gemenge waren, an déi wahrscheinlech ni e geschriwwene Kontrakt haten, déi einfach vu Joer zu Joer erneiert gi sinn, déi falen eben ënnert d'Kritäre vun der Jurisprudenz, déi do jo Kloerheet geschafen huet. D'Gemenge musse se am Fong geholl engagéieren. Den Text seet "peut".

Wann eng Gemeng mengt, eng Situatioun vun engem Chargé géif net der Jurisprudenz entspreche a si wéilt en net engagéieren, ass se fräi fir dat ze probéieren mat dem Risiko, datt duerno vläicht e Prozess op se duer kënnt a mat gréisstméiglecher Wahrscheinlechkeet wäert déi Gemeng condemnéiert ginn, fir deem e Contrat à durée indéterminée ze ginn.

Da gouf eng Problematik an der leschter Kommissiounssetzung opgeworf, wou mer dann déi zwee Syndikater, respektiv déi dräi Syndikater do haten a wou et geheescht huet: "Kënnt Der dann net bei där Réserve nationale eng sechst Kategorie schafen, esou eng provisorisch Kategorie gewässeremoossen?" D'Iddi vun dëser Ausso ass folgend: Wa mer elo e Chargé hunn, deen e Contrat à durée indéterminée an der Gemeng x huet, do

zwar seng Kandidatur stellt, mä net zréckbehale gëtt, well do ee kënnt, dee méi Ausbildung huet wéi hien, dann ass et d'Iddi, fir ze soen: "Ma da gitt deem eng Prioritéit per Gesetz, fir datt en an enger anerer Gemeng muss geholl ginn." Hirer Ausso no soll deem eng Affectation provisoire an där Reserv kréien.

Mir hunn dës Diskussioun analyséiert mat de Représentantë vum Ministère. D'Diskussioun si folgendermoossen ausgegangen:

1. Mir hu momentan esou e grouse Manktem u brevetéiertem Personal an u Chargéën, dass déi heite Situation wäerte wahrscheinlech ganz rar sinn.
2. Wa mir elo esou eng Niewekategorie oder Pluskategorie bei d'Réserve nationale schafe ginn, da maache mer déi Gestoun vum där Reserv bal onméiglech, well dat bréngt mat sech, datt mer do riskéiere Kandidat schwiewen ze hunn, wou een net esou richtig weess, wéi handhaben ech déi esou.

De plus erënneren ech un den Artikel 9, deem an engem Alinéa seet, dass den Inspekter, well d'Gemege gi jo hir Lëscht vum de Kandidaten, déi se brauchen, era bei den Inspekter an d'Kandidat melle sech beim Inspekter, natierlech gesäit, wéi vill Chargéën dohierter sinn. Den Inspekter gesäit also wat fir ee Chargé elo op där doter Lëscht keng Plaz kritt huet, a réit automatesch deem Chargé, sech eventuell nach op anere Gemengen ze mellen.

Esou dass ech der Meenung sinn, dass déi Demande, déi hei ugefouert ginn ass, am Fong geholl net gerechtfertegt ass, wéinstens emol op alle Fall net zu dësem Moment. Aus dësen Iwwerleeungen eraus si mer dann an der Kommissioun zur Konklusioun komm, dass den Artikel 15 gerechtfertegt ass, an datt mer deem Artikel sollten eis Zoustëmmung esou ginn, wéi en do virgesinn ass, mat där klenger Nuance vum Statsrot, dee gesot huet: "Limitéiert den Artikel 15 awer op déi Chargéën, déi an dësem Schouljoer engagéiert gi sinn."

Dat sinn am Fong geholl déi Haaptaussoen, déi an dësem Gesetz stinn. Et gëtt een Artikel an dësem Gesetz, dee menger Meenung no wierklech ganz an de Vergiess komm ass, eben duerch déi ganz Diskussioun an duerch déi ganz Polemik, déi esou gutt vum deenen enge wéi vum deenen anere Syndikater gefouert ginn ass, wéi duerch d'Besuerger vum de Gemengen, déi sech mellen a soen: "Wéi fonctionnéiert dat doten elo?"

Dat ass den Artikel 14. Den Artikel 14 gesäit vir, dass e brevetéierten Enseignant aus dem Préscolaire moyennant vun enger Formatioun vu 60 Stonne kann een Attest oder e Certificat d'études pédagogiques kréien, deem et em

erlaabt am Primaire ze enseignéieren a vice versa. Dës Perméabilitéit zwëschent dem Préscolaire an dem Primaire fir brevetéiert Personal ka menger Meenung no an deenen nächste Jore vu grousser Wichtigkeet si fir d'Gemengen. Et kann een nëmmen een Appel maachen un dat brevetéiert Personal, fir op dës Méiglechkeet zréckzegräifen. Et gëtt hinnen och vläicht d'Méiglechkeet fir op eng nei Berufserfahrung zréckzegräifen. Dat muss een dann dee Moment gesinn. Op alle Fall sinn ech der Meenung, dass den Artikel 14 eng gutt Iddi war.

Ech géif dann zu de Konklusioun komme vun dësem Gesetzestext. Et war fir d'Mme Brasseur, menger Meenung no, e ganz delikate Spagat, dee se do probéiert huet, fir an enger Situation, déi se virfonnt huet, e Gesetzestext ze erfannen - wann ech dat emol esou dierf soen -, wou se da probéiert huet aus ganz ënnerschiddlechen Approchen zu enger Problematik eng gesond Synthes ze maachen.

Ech mengen, et ass hir gelongen. Ob mer all Problem heimmader ofgedeckt hunn, si huet eis an der Kommissioun gesot, si wëllt dat net gesot hunn, och ech wëllt fir mäin Deel soen, dass kee vun eis perfekt ass, mir wäerte vläicht nach där enger oder anerer Schwiereregkeet begéinen, da muss een déi ausmäerzen. Op alle Fall war et wichtig, dass mer dëse Gesetzesprojet heihinner bruecht hunn an datt mer deem och zur Ofstëmmung bruecht hunn.

Ofschléissend wëllt ech nach just op de véierte Punkt aus eiser Motioun verweisen, wou mer gesot hunn, dass eng Formation continue fir d'Chargés de cours soll organiséiert ginn. Do wollt ech iwwerhaupt nach eng Remarque maachen, déi ech elo beim Artikel 15 vergiess hat.

Et war eng Partie Kolleegen a Syndikater, déi gesot hunn: "Aha, déi Chargés de cours ginn elo agestallt à durée indéterminée ouni iergendwellech Exigenz a puncto Formatioun." Do muss ech ganz einfach op den normalen Droit du travail verweisen. Fir déi Chargéën, déi no 1998 engagéiert gi sinn, do kann eventuell eng Gemeng soen: Dir maacht elo wann ech glift eng Formatioun. Mir organiséieren eng Formatioun.

Mä fir déi, déi virun 1998 an de Gemenge waren, wann een do strikt d'Regele vum Droit du travail anhält, da kënne mir elo net méi - wann ech elo emol d'Kap als Buergermeeschter opdinn - exigéiere bei deene Chargéën, fir dass si esou e Contrat à durée indéterminée kréien, misste si fir d'éischt emol eng Formatioun maachen. Dat geet net.

### **(Interruption)**

Dat ass eng nei Exigenz, déi mer géifen an de Kontrakt afügen, déi mer net duerfen exigéieren. De Punkt 4 vun

der Motioun war virun allem virgesi fir ganz kloer ze stellen, dass och Chargés de cours, besonnesch déi, déi elo an d'Reserv kommen, déi nämlecht Formation continue solle kréien, wéi ausgebildent a brevetéiert Personal, well ausgebildent Personal ass fundamental wichteg.

Op dee fënneften Tiert vun der Motioun wéilt ech och nach eng Kéier mat aller Däitlechkeet hiweisen. Menger Meenung no ass et fundamental wichteg, datt d'Regierung esou séier wéi méiglech e Projet de loi op den Instanzewee gëtt, wou se en zweete Bildungswee schaaft, well ech mengen et wär wichteg, datt besonnesch déi Chargés de cours, déi elo nach net laang am Enseignement sinn, awer erausfonnt hunn, datt se ganz vill Spaass domat hunn, déi awer aus ville Grënn, zum Beispill familiäre Grënn, net méi kënnen nach eng Kéier dräi, respektiv véier Joer op den ISERP oder an d'Ausland goen, dass déi onbedéngt dës Méiglechkeet vun deem zweete Bildungswee fannen, fir datt och si regelrecht brevetéiert Personal ginn.

Ech mengen domadder géife mer hinnen e groussen Déngscht leeschten an domadder eis allegueren an dem Enseignement als Ganz.

Voilà, Här President, dat waren déi Erklärungen, déi ech wollt ginn zu dësem Projet de loi. Ech kann lech nëmme recommandéieren, esou wéi et d'Majoritéit an der Kommissioun festgehalen huet, dëse Gesetzesprojet ze stëmmen. Merci.

**Des voix.** - Très bien.

**M. le Président.** - Merci, Mme Durdu. Als éischte Riedner ass den Här Claude Wiseler ageschriwwen. Här Wiseler, Dir hutt d'Wuert.

### *Discussion générale*

**M. Claude Wiseler (CSV).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll och fir d'zweet haut ufänken, andeem ech der Rapportrice, der Mme Durdu, merci soe fir dee gudden, kloeren, mëndlechen a schrëfleche Rapport. Vläch eng Korrektioun, déi ech der Mme Durdu awer wollt soen: Wa se elo de ganzen Zäit iwwert den Artikel 15 geschwat huet, da war dat am Fong den Artikel 16, dee se gemengt huet, well an Zwëschenzäit d'Numérotatioun geännert huet. Fir de Rescht waren awer déi Explikatiounen absolut déi, déi hu misse gi bei dësem Text.

Haut hu mer e Projet um Ordre du jour, dee schonn eng Zäit laang an der Aktualitéit steet a wou et extrem wichteg ass, datt mer Léisunge fannen, datt mer Léisungen an de Gesetzestext nidderschreiwen: éischters fir déi Betraffte selwer, zweetens fir d'Schoul, well et noutwendeg ass, datt do Klorheet soll kommen, fir d'Gemengen, fir datt déi

Aart a Weis, wéi an de Gemenge ka geschafft ginn, kloer ass a vu Gemeng zu Gemeng och d'selwecht ka gehandelt ginn.

Et ass wichteg, datt déi Léisungen, déi an dësem Kontext geholl ginn, virun der Vakanz geholl ginn, well d'Gemenge musse sech jo elo virbereede fir dat nächst Schouljoer. Et muss kloer sinn, wéi d'nächst Schouljoer soll ugoen, fir datt et keen Duerchernee gëtt, well Duercherneen an der Schoul wär kengem zoumuttbar a wär och net gutt fir d'Schoul. Duerfir muss Klorheet esou schnell wéi méiglech an dësen Dossier kommen.

Mir wëssen awer och a mir hunn dat an deene leschte Wochen a Méint a villen Diskussiounen gesinn, datt déi Situatioun, an där mer hei sinn, keng einfach Situatioun ass an dat well se am Fong schrecklech verschidden ass vu Fall zu Fall. Mir hunn hei, am Kader vun deene Chargéen, ëm déi et jo geet, Leit, déi scho bei verschiddene Gemengen 20 Joer dobäi sinn, a mir hu Leit, déi eréischt virun e puer Méint ugefaangen hunn. Mir hu Leit, déi kee Premièresdiplom hunn, mir hu Leit, déi ofgeschlossenen Universitätsdiplomer hunn. Mir hu Leit, déi zwou oder fënnef Stonne schaffen, mir hu Leit, déi halledags schaffen, mir hu Leit, déi säit Joren e ganze Kader hunn a mir hunn och Leit, déi während deene leschte sechs, siwe Joer verschiddentlech gewiesselt hu vun enger Hallefdagsaarbecht op eng Ganzdagsaarbecht, zum Beispill.

Mir hunn also eng ganz Rei vu Situatiounen an aus deem Grond ass et wierklech net evident alles ënnert een Hutt ze kréien. D'Situatioun ass nach méi komplizéiert gemaach ginn, well mer och mat enger Rei Gerichtsuertheeler ze dinn hunn, wou dat éischt Gerichtsuertheel seet, datt den Employeur d'Gemeng ass. Dat war virduguer net esou kloer, well et ass jo de Stat, deen zu engem groussen Deel finanziert. Mir hunn awer elo e kloert Uerteel an där Matière hei, dat ass coulé en force de chose jugée a mir wëssen elo definitiv wou mer an där Matière dru sinn.

Mir hunn eng ganz Rei aner Uerteeler. Eleng d'Stad Lëtzebuerg ass 46 Mol condemnéiert gi vum Tribunal fir e Contrat à durée déterminée an e Contrat à durée indéterminée ëmzewandelen. Och déi Saach ass kloer. Déi Fäll sinn argumentéiert ginn iwwer Tribunal. Et weess ee bei deene Leit, déi elo nach keen Uerteel ugefrot hunn, wou een a sech drun ass.

Et leien eng Rei Uerteeler vir, déi de Statut vun de Leit prinzipiell definéieren, déi awer net ëmmer d'selwecht sinn. Eng ganz Rei Uerteeler ginn iwwert d'Employés privés, eenzelner iwwert den Employé communal, sou dass déi Situatioun net ëmmer evident ass.

Da wëll ech nach dozou soen, datt wa mer elo an dësem Fall kee Gesetz géinge maachen, datt dee Kontrakt vun Durée indéterminée, dee verschidde Leit schonn iwwert den Tribunal kritt hunn, de toute façon d'Gemengen, Artikel 16 hin oder hier, mat där Fro konfrontéiert wäeren an déi Déterminées-Kontrakter, déi se hunn, zumindest an deene Fäll, wou geuerteelt ginn ass, automatesch Contrats à durée indéterminée ginn. Aner Fäll, déi awer am selwechte Fall sinn, mä awer nach keen Uerteel hunn, well se net op den Tribunal gaange sinn, stinn nach net an därselwechter Relatioun zu der Gemeng wéi déi, déi en Uerteel kritt hunn.

Ech wollt dat just soe fir unzeféieren, dass déi Situatioun immens komplex ass an et duerfir net einfach ass alles an engem Gesetzestext ënnerzekerien.

Wou kënnt dee Problem zu engem Deel hier? E kënnt hier, well mer momentan an engem Konflikt zwëschent zwou Legislatiounen sinn. Mir hunn e Gesetz vun 1912, wat kloer seet, wie ka Schoul halen a wéi déi Posten, fir Schoul ze halen, all Joers ausgeschriwwen musse ginn, op där enger Säit. Op där anerer Säit hu mer en Aarbechtsrecht vun 1989, wat applicabel ass a wat och an dëse Fäll vum Tribunal jo an enger ganzer Rei vu Fäll applizéiert ginn ass.

De Problem ass, dass d'Koordinatioun zwëschent deene Gesetzestexter net ëmmer evident ass, well d'Aarbechtsrecht net exactement der Realitéit, déi een um Schoulgebitt untrëfft, Rechnung droe kann. Den Innenminister huet a verschidde Circulären an deene leschte Méint probéiert, fir de Gemengen Instruktiounen ze ginn, wéi dat ze handhaben ass, mä et ass wichteg, denken ech, datt mer hei eng gesetzlech Basis kréien, déi da fir jiddfereen dat kloer mécht a fir jiddfereen et d'selwecht kloer mécht, well dorëms geet et jo ënnert anerem.

Ech regrettéieren - an dat ass gëschter verschiddeentlech ugeschwat ginn -, dass d'Kommissioun net méi Zäit hat an net méi Zäit sech konnt huelen. Den Avis vum Conseil d'Etat ass relativ spët komm. Et war awer op där anerer Säit wichteg, datt dat Gesetz esou fréi wéi méiglech gestëmmt gëtt, well et ass elo déi Zäit, wou d'Gemengen am Gaange sinn hir Schoulorganisatiounen fir d'nächst Joer ze maachen a wou eng Rei Décisiounen musse getraff ginn. Mä et kann een net bestreiden, datt wann ee méi Zäit gehat hätt an a méi Calme déi Décisiounen hätt kënne féieren, datt dat der Saach gutt gedoen hätt. D'Realitéit ass awer déi, déi se ass: Mir brauchen deen Text.

Mir hunn an deene leschte Jore Chargés de cours an eise Enseignement gebraucht. Ouni si wär et net méiglech gewiescht an enger ganzer Rei Gemengen d'Schoul-

organisatioun ordentlech hinze kréien, an dat ass och an deenen nächste Joren de Fall. Mir hunn eng Rei Responsabilitéite géigeniwwer deene Leit, déi ganz oft säit Joren an de Gemengen ugestallt sinn an do Aarbecht leeschten. Mir hunn awer och eng Responsabilitéit géigeniwwer de Kanner an der Qualitéit vum Schoulsystem, wat d'Kanner an de Schoule gebuede kréien.

Duerfir denken ech, datt déi Iddi, déi an deem ganzen Text hei ëmmer begleitend ass, datt d'Obligatioun vun der Formatioun a mengen An eng Evidenz ass. De Brevet vum Schoulmeeschter ass an deem Fall selbstverständlech déi bescht Referenz, fir déi Qualitéit ze assurieren. Aner Formatiounen kommen natierlech dobäi an hunn och hir Wichtigkeet an deem ganze Komplex.

Mir hunn och eng Responsabilitéit virun der gudder Organisatioun vum Schoulsystem. Dofir mussen déi Regeln, déi der Schoulorganisatioun ënnerleien, kloer, däitlech sinn. Et muss ee wëssen, wie recrutéiert ka ginn, et muss ee wëssen, wéini wie ka recrutéiert ginn an et muss och kloer sinn, datt déi Reiefolgen ëmmer däitlech sinn an datt se och vu Gemeng zu Gemeng d'selwecht applizéiert sinn.

Dëse Projet, dee mer hei virleien hunn, probéiert eng Rei Äntwerten op déi Froen ze ginn.

E kreéiert eng Formatioun vun 120 Stonnen en cours d'emploi. Ech kann net ofschätzen, wat dat inhaltlech elo bedeit. Ass et vill, ass et wéineg? Verglach mat där Formatioun vum ISERP ass et selbstverständlech net vill. Mä et muss een awer och bedenken, datt déi Leit och en cours d'emploi déi Formatioun maachen, datt se och eng gewëssen Erfahrung schonn hunn. Dräi Joer ass jo eng Nécessitéit oder e Minimum, éier een an déi Formatioun kann erakommen.

A mengen Aen ass dat e Minimum vu Formatioun. Hannendru musse selbstverständlech d'Méiglecheete vu Formation continue nach zousätzlech spillen, vu Weiterbildung, déi duerno kënnt.

Et steet och am Text, datt dat éischt Joer 100 Leit géingen an esou eng Formatioun eragelooss ginn, duerno 60 oder méi, an dat Ganzt net well déi Reserv soll begrenzt ginn, mä dat Ganzt aus reng organisatoresche Grënn. Dëst zumindest déi éischt Joren, wat och verständlech ass. Déi Formatioun ass jo awer eng Formatioun, déi muss organiséiert ginn. Déi muss ordentlech, déi muss korrekt organiséiert ginn. Mat deene Moyenen, déi engem zur Dispositioun gi sinn, kann een nëmmen eng gewësse Quantitéit maachen.

Dir kënnt net vun haut op mar eng Formatioun vun 300, 400, 500 Leit organisieren, an dat och nach korrekt a



seriö maachen. Sou datt ech soen, datt dat hei just eng limitéiert Zuel ass, déi aus organisatoresche Grënn esou virgesinn ass, an iwwer Joren déi Leit, déi momentan am Fall sinn an déi wëllen, och successiv kënne vun esou Formatioune bénéficiéieren.

Op déi Formatioun hi gëtt dann eng Admissibilitéit an d'Reserv vu Chargéen, an de Pool Chargéë fräigemaach. Dat, denken ech, ass jo a sech den zentrale Punkt vun deem Gesetz, deem ganze Gesetzestext.

Mir kreéieren hei e Pool vu Leit, déi an der Reserv sinn an déi och kënne an deenen eenzelnen agesat ginn. Dat ass den zentrale Punkt dovun. Wa mer vill Diskussiounen haten iwwert den Artikel 16 an iwwert déi Contrats à durée indéterminée an een heiansdo d'Impressioun huet, dat wär den Zentrum vun dem Gesetzestext, sou wëll ech hei ganz kloer awer soen, datt d'Basis, de Grondprinzip dovunner ass, déi Kreatioun vun deem Pool, der Reserv, wat jo a sech och d'Zil sollt sinn, wou d'Leit och sollten dohinner drainéiert sinn, an dat soll och kloer an d'äitlech vu jiddferengem, hei an der Chamber an och vun de Gemengen, gesot ginn, datt dat dat Essentielt ass, wat mer wëlle maachen, an dann den Artikel 16, dee vun dem Contrat à durée indéterminée, datt dat en Zousaz ass, deen noutwendeg ass, well mer eben an enger gewëssener Situatioun momentan dra sinn, mä deen awer net déi haaptsächlech Zilsetzung, net de Kär oder d'Charnière, wéi virdru gesot ginn ass, vun dësem Gesetzestext ass.

### **(Interruption)**

Jo, Här Loes. Se läit no beim Kär, mä ech wëll awer just soen, datt mir och sollen heibanne soen an datt d'Gemengen och sollen zum Ausdrock bréngen, datt et wichteg ass, datt all déi Leit, déi an de Konditioune sinn, probéieren, och esou wäit wéi méiglech an dee Pool eranzekommen, well en deenen och d'Méiglechkeet gëtt, Employé de l'Etat ze ginn, zu engem Deel Fonctionnaire ze ginn, mä haaptsächlech Employé de l'Etat, a well eben déi Formatioun do ass a well mer der Meenung sinn, datt et wichteg ass, datt esou vill wéi méiglech Leit esou eng Formatioun kënne kréien, an dat anert ass e wichtigen Zousaz dervun. Mir sinn eis de toute façon eens, Här Loes.

Déi Tâche am Artikel 11 ass och ganz kloer definéiert. Ech denken, datt dat och fir d'Gemenge wichteg ass, datt hei eng Definitioun kënnt: 26 Stonne fir de Préscolaire, 24 fir de Primaire, 22 fir de Spécial steet kloer am Gesetzestext, sou datt och do iwwert d'ganz Land Eenheet kann herrschen a jiddfer Gemeng weess, wou se drun ass. An dem Gesetzestext ass och d'Méiglechkeet vun enger

Tâche administrative ageschriwwen, wann et eng Kéier mat der Stonnenzuel net sollt duergoen.

De Conseil d'Etat stellt hei kloer eng Rei Froen iwwert d'Répartitioun vun deenen zwou Tâchen, wa se musse matenee koordinéiert ginn. Wéi gëtt dat berechent? Wéi fonctionnéiert et?

D'Kommissioun schléisst sech selbstverständlech deene wichtege Froen un, déi elo nach net hei am Text geléist sinn, déi duerno onbedéngt mussen eng Clarificatioun am Règlement grand-ducal, deen noutwendeg ass, kréien. Dat och relativ kuerzfristeg, well et jo wesentlech ass, datt hei och net ugefaange gëtt, datt deen een et anescht mécht wéi deen aneren, mä datt mer hei iwwert d'ganz Land vun alle Gemengen eng gewësse Koordinatioun kënne kréien.

3. Deen drëtte Punkt, dat ass déi Prioritéit vun deene Brevetierten, déi och an dësen Text ageschriwwen gëtt. Den Text ënnersträicht am Fong - an dat ass wichteg -, datt d'Gesetz vun 1912 an dësem Punkt an Applicatioun ass. Dat heescht, datt d'Publicatioun vun alle Posten, déi net vun engem Brevetierten besat sinn, och all Joer muss vun all Gemeng gemaach ginn.

De Conseil d'Etat huet nach drop gehalen, fir dat och nach méi prezis an de Gesetzestext anzeschreiwen. D'Kommissioun war selbstverständlech domat d'accord, well dat eng zentral Ausso ass a well dat och imminent wichteg ass. Et ass d'ailleurs eng Iddi, déi schonn an deene verschiddene Circulären, déi den Innenminister am Laf vum leschte Joer erausginn huet, ëmmer kloer an d'äitlech als Instructioun un d'Gemengen dra stoung, datt deen Ordre de priorité vum Recrutement kloer ass.

Wann dann am Pabeier vum SEW, dee mer alleguer gëschter, wéi mer hei an d'Chamber erakomm sinn, ausgedeelt kruten, steet, an ech zitéieren dat: "Dès à présent nous constatons que bon nombre de communes trouvent toutes sortes d'astuces pour ne pas publier tous leurs postes."

Ech kann net vérifiéieren, ob dat richteg oder falsch ass. Et ass jo och net un eis, dat ze maachen. Ech ka just soen: Eis Roll ass hei, als Législateur, an dat maache mer, kloer Regele festzesetzen. Déi Regele ginn an dësem Gesetzestext méi wéi kloer festgesat. Do besteet keen Zweifel drun, wéi dat soll gehandhabt ginn. D'Vérificatioun, datt et soll gehandhabt ginn, muss éischtens jiddfer Gemeng selwer maachen, an dann huet de Ministère iwwert den Inspektorat - d'Mme Minister kann eis duerno vläicht d'Explicatioun ginn - d'Méiglechkeet fir ze vérifiéieren, ob dat och, esou wéi et kloer an d'äitlech am Gesetzestext steet, agehale gëtt.

4. De Projet gesäit eng Rei Allégementen vir, fir d'administrativ Situatioun vum de Gemengen ze vereinfachen. Och dat ass wichteg. Ech hunn och ëmmer de Bauch wéi mat deene Kontrakten, déi een awer muss op gesetzlecher Basis all Dag maachen, wann een Ersatzpersonal astellt.

An enger Stad wéi der Stad Lëtzebuerg, wou ech elo d'Expérience hunn, hu mer der all Dag eng ganz Mass an Dir kënnt net selwer, weder de Buergermeeschter nach de Schäffen oder iergendee vum Schäfferot, sur place sinn, fir dann all Kéiers um aacht Auer dee Kontrakt dann ze maachen, also brauch een do schonn Astuten - d'Mme Stein seet: "Ah dach", mä ausser et hätt een een Don d'ubiquité, géng dat net goen, fir dat ze maachen. Haaptsächlech, Mme Stein, um aacht Auer moies wär dat net ëmmer esou evident.

### **(Interruptions)**

Also komme mer oder ware mer an enger ganzer Rei Situatiounen, déi net ëmmer evident sinn. Soit datt Kontrakten en blanc oder ënnerschriwwen do louchen, datt huet missen den Delegéierte vum Personal an de Schoulen kucken, datt dat an d'Rei gaangen ass. Dat ass och zu 99% vum de Fäll richteg gaang, mä et war awer keng evident Situatioun. Et war och keng gutt Situatioun.

Dësen Text gesäit elo dräi Deeg vir, fir déi Kontrakter ze ënnerschreiwen. Et ass nach net evident, muss ech soen, well et jo dann och kann esou sinn, datt een, deen nëmmen dräi oder véier Stonnen als Ersatz an d'Schoul kënnt, e Kontrakt muss kréien, deen dräi Deeg duerno ënnerschriwwen gëtt. Wann en awer schonn dräi Deeg aus der Schoul eraus ass... Et sief dann.

Mä ech gesinn och net, wéi een eng besser Solutioun kënnt fannen. Dat ass jo ëmmer deeselwechte Problem. Wat maachen ech? Wéi maachen ech et? Ech stelle just fest, datt dat hei eng nette Verbesserung ass par rapport zu deem, wat mer elo haten, an datt et dofir gutt ass, datt et am Text steet.

5. De fënnefte Punkt ass dee vun der Réserve communale. Dat huet d'Mme Durdu och scho kloer zum Ausdrock bruecht. De Conseil d'Etat huet proposéiert, fir déi Réserve communale ofzeschaffen. Ech fannen dat och richteg esou, well et eis am Fong erlaabt, wa mer eng Reserv hunn, déi jo nach kann agedeelt ginn op déi verschidden Inspektorater a géréiert ginn am Grupp, sou datt awer déi eenzel Gemenge respektiv e Grupp vu Gemenge kënne vun esou engem Regroupement an Inspektorater profitéieren, fannen ech et richteg, datt mer se ofschafen, well dann de Statut vun deene Leit, déi am Pool sinn, iwwert d'ganz Land deeselwechten

ass, an dat ass vläicht eng Rei Problemer an Zukunft wäert évitéieren.

Dann e puer Wuert iwwert den Artikel 16, de fréieren Artikel 15. Ech stelle fest, datt wann ech all déi Pabeiere liesen, déi mer vun deenen engen a vun deenen anere kruten, op där enger Säit vum SEW/SNE, op där anerer Säit vum FNCTTFEL, datt do a sech zwou ganz verschidde Saache gefrot ginn.

Den SEW, den SNE, déi froen eng pure et simple Abolitioun vun deem Artikel, datt net méi soll déi Méiglechkeet bestoen, datt déi Contrats à durée indéterminée also net méi hei am Gesetz solle festgeschriwwen ginn.

Den SEW schreift: "L'article 16 du projet de loi donne aux conseils communaux la possibilité d'engager des chargés de cours pour une durée indéterminée, sans aucune exigence de formation, ce qui nous fait revenir à une situation du début du 19<sup>e</sup> siècle où une longue bataille a été menée pour faire aboutir ce principe qu'il faut une formation d'enseignant pour pouvoir enseigner."

An e weineg drënner: "Si l'article 16 est voté, les communes seront tiraillées au cours des prochaines années entre le licenciement des chargés de cours et la contravention à la loi en ne publiant pas les postes d'instituteurs. Soyez sûrs que les instituteurs aujourd'hui présents veilleront à ce que les communes ne choisissent pas la 2<sup>e</sup> solution.

La seule issue à ce dilemme consiste à amender le projet de loi en supprimant l'article 16."

Dat ass kloer an däitlech. Op där anerer Säit seet d'FNCTTFEL a sech de Contraire, well do gëtt gefrot, datt de "peut" an "doivent" ëmgewandelt gëtt, dat heescht, datt déi Contrats à durée indéterminée solle fir jiddferen gëllen, deen elo schonn am Déngscht vun der Gemeng ass als Chargé de cours. Datt och net déi Konditioun vum Diplôme de fin d'études secondaires soll gëllen an datt de Statut d'employé privé och e Statut communal soll ginn.

Et ass evident, datt hei d'Interesse verschidder sinn. Datt déi eng dat eent plädéiere mat Recht an hirer Vue, déi aner dat anert mat Recht an hirer Vue. Mä ech wëll awer just heibanne soen: Wann ech dann awer héiere vun deenen engen a vun deenen aneren, datt et ganz gutt an ouni Problemer méiglech gewiescht wär, ënnert deene Fuerderungen, déi mer hei gesinn, e Kompromiss ze fannen, da wënschen ech deenen awer bonne chance, déi hei ënnert enger total contrairer Position de départ a fundamental contrairer Intérêten hätte wëllen e Kompromiss fannen.

Dat, mengen ech, zeugt awer vun enger gewëssener Naivitéit oder vun enger Donschtwollek, déi en do huet wëllen opkomme loossen, fir sech als deen duerze-stellen, deen dat hei nach alles hätt kënne riicht béien. Ech denken, datt hei awer d'Intérêten esou contraire sinn, datt dat kaum méiglech gewiescht wär.

Da wëll ech och nach e puer Wuert soen iwwert dat, wat déi Situatioun haut dann iwwerhaupt ass.

Haut hu mer eng Situatioun, wou d'Gerichter gesprach hunn, an enger ganzer Rei Fäll, wou also déi verschidde Gemengen, déi concernéiert sinn, schonn hir Contrats à durée déterminée, déi se haten, automatesch als Contrats à durée indéterminée ëmgewandelt kruten a wou sech guer keng Fro méi stellt. Hei hu mer eng clarifiéiert Situatioun an hei hu mer elo, wa mer deen Text stëmmen, duerno eng clarifiéiert Situatioun.

D'Gemeenge kënnen déi Kontrakte maachen, et steet och fest, ënnert wat fir engem Statut se se solle maachen, dat gesäit d'Gesetz hei ganz genau vir. Et steet och kloer dann an dem Artikel 16, datt se bei deene Fäll, déi d'selwecht gelagert si wéi déi Fäll, wou schonn Uerteeler kloer eppes soen, net och nach deene Leit musse soen, datt se op d'Gericht musse goen, mä datt se a sech kënnen eng Applicatioun maachen, déi d'selwecht ass bei deem, wou e Gerichtsuerdeel ass, wéi wou nach keent do ass, wann de Fall d'selwecht ass.

Zumindest dat erlaabt deen Artikel 16 eis, an dat fannen ech prinzipiell och richteg. Well ech géif et net korrekt fannen, wa mer elo jiddferengem soen: "Wann der gären ee Contrat à durée indéterminée hätt, ma da gitt op d'Gericht a loosst lech en Uerteel huelen." Wa mer genau wëssen, wéi d'Gerichter a méi wéi 40 Fäll de toute façon ëmmer d'selwecht schonn entscheet hunn.

Et ass hei och eng Clarificatioun vum Statut, deen am Text steet. Déi Kontrakter kënnen gemaach ginn ënnert dem Statut vum Employé privé. Dat ass och e wichtege Punkt, datt dat iwwerall d'selwecht geregelt gëtt.

Da steet och am Text - dat ass schonn hei ugeschwat ginn -, datt d'Gemengen "peuvent" esou e Kontrakt maache fir all déi Leit, déi elo scho bei hinnen ënnert der Form vum Contrat à durée déterminée schaffen, wa se dëst Joer ugefaangen hunn.

Et hätt ee sech kënne wënschen ze wëssen, wann do méi Kloerheet gewiescht wier a wann eng Décisioun de Gemeinde vereinfacht gi wär, wien se dann elo an e Contrat à durée indéterminée geholl hätten a wien net, well mer jo och wëssen, datt en Ënnerscheid do ass bei deene Kontrakten, déi an deene leschten dräi oder véier Joer gemaach gi sinn, wou déi Contrats à durée déter-

minée en bonne et due forme gemaach si ginn a wou se och kënnen en bonne et due forme weider an deenen nächste Jore gemaach ginn.

Dat ass awer net esou. Den Text léisst hei d'Gemengen an enger wuel gemengtener Autonomie communale d'Fräiheet, fir dann ze wielen, wéi si dat wëlle maachen. Do muss dann elo an Zukunft jiddfer Gemeng hir Responsabilitéit huelen, hire Choix maachen, wéi se dat wëllt handhaben. Dat ass d'Konsequenz vun deem "peuvent", respektiv där méi vaguer Formulatioun, déi hei am Text steet.

Zum Schluss wëllt ech nach zwee Punkte soen: Deen éischte Punkt ass deen, an dat ass och scho vun der Ministesch an der Kommissioun gesot ginn, dass dësen Text net all d'Problemer léist. Däers si mer eis bewosst. E léist net dee Problem, deen awer eng Suerg ka sinn. Dat ass de Problem vun deene Leit, déi scho méi laang bei verschiddene Gemeinde sinn an déi net d'Certificatioun hunn, de Premièresdiplom hunn, an déi dowéinst net kënnen an esou e Pool eragoen. Déi kënnen da vum Artikel 16 profitéieren, an dofir denken ech, dass et wichteg ass, dass deen Artikel 16 do ass. Déi Fro vun deene Leit ass net an allen Detailer geléist.

Da wëll ech ganz zum Schluss nach eng generell Fro stellen, déi mer um Häerz läit. Wann ech all déi Zuele kucken, déi elo genannt gi si vun der Educationsmi-nistesch an och an der Kommissioun, respektiv vun deene verschiddene Syndikater, wat d'Astellung ugeet vun deene jonke Leit, déi an Zukunft an den Unterricht misste goen, do gëtt ënner anerem d'Zuel vun 200 genannt. Déi brauche mer all Joers an deenen nächste Joren am Primärunterricht.

Ech kucken och déi Zuelen, déi am Postprimaire genannt ginn. 150 Leit am Numerus clausus, déi erlaabt gi sinn. Wann ech dann d'Planificatioun kucken, déi iwwert déi nächst Jore gemaach gëtt, da kann dat souguer bis zu 170, 180 Leit goen, quitte dass ech mir bewosst sinn, dass mer se momentan net fannen, mä d'Besoine ginn awer an där do Grëssenuerdnung expriméiert.

Wann ech da weess, dass all Joer ronn 1.000 Primaner erauskommen, dann erlaben ech mir awer d'Fro ze stellen, wéi mer deene Besoinen, wat reell Besoine sinn an eng Realitéit, kënnen nokommen, fir bis zu 30%, 40% vun deene Kanner, déi am Lëtzebuerger Schoul-system all Joer erauskommen, automatesch an den Enseignement ze drainéieren.

Do stellen ech mer, et huet vläicht net onbedingt direkt eppes mam Text hei ze dinn, awer eng ganz Rei Froen. Ech froe mech, ob ee sech net sollt an deenen nächste Méint eng Rei Gedanke maachen, well dat eng Situa-

tioun ass, wa se iwwert déi nächst Méint a Joren esou weidergeet, eis Gesellschaft an eist Land wäert virun eng Rei Problemer stellen. Ech kann lech och elo keng Léisung soen.

**(Interruption)**

Dat ass ganz richtig, Här Scheuer. Plus alles dat, wat am edukativen, socio-éducativë Beräich gebraucht gëtt.

**M. Jos Scheuer (LSAP).** - Mir kommen iwwer 50%.

**M. Claude Wiseler (CSV).** - Eng ganz Rei wichteg Zukunftsfroe si gestallt, déi elo net kënnen hei geléist ginn, mä déi awer, wa mer iwwert d'Zukunft, a welcher Form och ëmmer, an deenen nächste Méint wäerte schwätzen, müssen ugepaakt ginn. Et ass ee Sujet, dee mer müssen hei oder op engem aneren Dësch uschwätzen, well et eng wesentlech Fro ass. Dat just um Rand bemierkt.

Ech wëll zum Schluss soen, dass de Projet sécher net perfekt ass. Dat huet jiddferee gesot. En ass net perfekt, well och déi Situatioun, an där mer dra sinn, eng ganz komplizéiert Situatioun ass. Et ass ee Projet, deen eng ganz Rei Grondlinnen, déi mer zesummen hei an der Chamber an enger Motioun virun enger Rei Méint festgehalten hunn, an d'Praxis ëmsetzt. Et ass ee Projet, dee feststellt, dass d'Praxis vill méi schwéier ass wéi déi Theorien, déi d'Oppositioun ka virbréngen. Et ass vill méi schwéier, fir alles an d'konkret Realitéit ëmzesetzen.

Mir brauchen deen Text schnell, well deen Text an enger ganzer Rei Punkte Klorheet schafft fir d'Chargéen, fir d'Schoulen a fir d'Gemengen, an dofir ginn ech selbstverständlech den Accord vun der CSV-Fraktioun zu deem Text.

Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

**M. le Président.** - D'Wuert huet den Här Marc Zanussi.

**M. Marc Zanussi (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn an deene leschte Jore mam Problem konfrontéiert gewiescht, dass mer effektiv en Defizit u brevetéiertem Léierpersonal kannt hunn. D'Ursaache fir deen Defizit si bekannt: Numerus clausus um ISERP, d'Capacitéit vum ISERP, d'Tatsaach, dass an den 80er Jore staark dovun ofgerode ginn ass an den Enseignement schaffen ze goen. D'Resultat ass, dass mer am Enseignement eng onausgegoren Alterspyramid hu mat deene Konsequenzen, déi mir do kennen.

D'Responsabilitéit iwwert dës Situatioun, déi dréit selbstverständlech d'Politik, e bësse méi déi successiv Educatiounsministeren a -ministerinnen, a virun allem net d'Enseignanten an och net d'Chargéen, déi haut an der Schoul schaffen. Duerch den Defizit u brevetéiertem

Personal si Leit an der Schoul agesprongen an hunn eng Tache ugeholl, déi si wuel arrangéiert huet, mä déi awer och Loscht drun hate fir Schoul ze halen, Loscht drun haten, de Kanner eppes bäizebréngen, woubäi ee soe muss, wéi se déi do Aarbecht ugeholl hunn, se wahrscheinlich och alleguer woussten, dass hir Situatioun ënnert Ëmstänn méi précaire géeng ginn, wann d'Zuel vun de brevetéierten Enseignantë géeng an d'Luucht goen. D'Chargéë woussten dat, mä et muss een awer och soen, an dat ass haut vu kengem a Fro gestallt ginn, dass d'Chargéë während där ganzer Zäit eng gutt Aarbecht gemaach hunn, ouni déi eis Schoul net hätt kënnen fonctionnéieren.

Niewent der Tatsaach, dass d'Suerg se geplot huet, ënnert Ëmstänn duerch brevetéiert Personal ersat ze ginn an hir Aarbecht ze verléieren, ass d'Erkenntnis gewiescht, dass um Niveau vum Aarbechtsrecht eng Rei vun Onklarheete bestanen hunn. Et wusst ee laang net, wien de Patron vun de Chargéë wär. War et de Stat oder waren et d'Gemengen? Derbäi ass komm, dass am Beräich vun de Kontrakter, déi ofgeschloss gi waren, e bësse geschlammt gi war, dass Kontrakter ze spéit ënnerschrifft gi waren, iwwerhaupt keng Kontrakter gemaach gi waren, falsch gemaach gi waren oder aner Onregelméissegkeete stattfonnt hunn.

Eigentlech war et ze erwaarden, dass Froen, wat d'Aarbechtsrecht ubelaangt huet, hu missen opkommen, dass d'Chargéë sech géint déi do Prozedure gewiert hunn, dass Prozesser gefouert gi sinn an dass Prozesser och gewonne gi sinn. Dës Entwécklung huet derzou gefouert, dass d'Politik huet misse reagéieren. Si war gefuerdert, well ganz einfach duerch d'Zuspëtzung vun där Situatioun, d'Ambiance tëschent de Chargéen an tëschent den Enseignante lues a lues méi schlecht ginn ass, wat fir keen am Enseignement a besonnesch net fir d'Kanner dienlech war, an dofir huet misse légiféiert ginn.

Mir hu schonn eng Kéier am Joer 1991 eis mat där Fro beschäftegt an dee Pôle des remplaçants geschaffen. Deemools ass gesot ginn, dass dat eng Measure unique sollt sinn. D'Entwécklung huet awer gewisen, dass et keng Measure unique kënnt bleiwen, mä dass weider an deem Beräich misst légiféiert ginn, an esou ass et zu deem Gesetzesprojekt vun haut komm.

Et ass sécher, an do deelen ech d'Meenung vun deenen, déi virun hei geschwat hunn, net déi leschte Kéier, wou mer hei an der Chamber iwwert de Wee vun engem Gesetz iwwert d'Situatioun vun de Chargéë wäerte schwätzen.

Wann een esou e Gesetz amgaang ass auszeschaffen, muss ee selbstverständlech kucken, wat d'Prioritéite



2038

sinn. Och hei si mir der Meenung, dass soss näischt sollt priméiere wéi d'Qualitéit vum Enseignement, déi do duerch garantéiert muss sinn, dass een héich qualifiéiert Personal am Enseignement huet.

A PISA-Zäiten, wou Lëtzebuerg déi drëttlescht Plaz kritt huet, muss ee selbstverständlech och eng Ursaache-fuerschung maachen, firwat dass dat esou gaangen ass. Mir hunn an der Kommissioun an an Hearinge schonn ugefaangen, dës Diskussioun ze féieren, an iergendwann, esou hoffen ech, muss deen Débat d'orientation, dee vun deene Grénge gefrot ginn ass, an der Plenarversammlung gefouert ginn.

Eng Konklusioun ass, an dat ass reng Empirie, dass all déi Länner bei der PISA-Etüd gutt ofgeschnidden hunn, déi hiren Enseignanten eng grouss a gutt pedagogesch Ausbildung zoukomme loosse. D'Mme Brasseur war viru kuerzem a Finnland a si huet sech bestëmmt mat der Fro beschäftegt, wéi d'Finnen d'Ausbildung vun den Enseignanten organiséieren. Et bien, do stellt ee fest, dass eng Universitätsausbildung vu 5 bis 7 Joer eng normal Ausbildung ass, gekoppelt mat enger permanenter konsequenter Weiterbildung. Mir denken, dass et wichteg ass, dat als Erkenntnis ze hunn, fir dës Problem kënnen ze léisen.

E Beitrag derzou, an dat schéngt mer interessant ze sinn, wär, wann een de Chargéen d'Méiglechkeet géif ginn, an och anere Leit, déi bereet sinn am Enseignement eng Responsabilitéit ze iwwerhuelen, fir iwwert de Wee vum ISERP eng Formatioun unzbidden. Dat ass een Thema, dat bei Geleeënheet vu Schouldiskussiounen regelméisseg virbruecht gëtt, an dat d'Mme Durdu och virdu schonn zitéiert huet, fir eng Formation en cours d'emploi all deenen unzbidden, déi d'Viraussetzungen erfëllen, fir dat ze maachen. Ech denken, dass den ISERP mam Ministère misst an der Lag sinn, dat unzbidden. Mir hunn als Fraktioun zu deem Thema eng Motioun.

### Motion 1

#### La Chambre des Députés

*considérant que l'école publique se doit d'assurer une formation de qualité à tous les élèves;*

*estimant que la meilleure garantie pour un enseignement de qualité est une formation appropriée du personnel enseignant respectant tous les aspects de la profession;*

*constatant que la pénurie du personnel breveté persistera dans les années à venir et qu'il faut dès lors pourvoir à une formation adéquate des personnes remplissant la condition d'admissibilité à la formation d'enseignant;*

*estimant qu'un intérêt réel pour une telle formation en cours d'emploi peut se manifester chez maintes personnes remplissant ces conditions d'admissibilité,*

*invite le Gouvernement*

*à organiser une formation en cours d'emploi auprès de l'ISERP permettant d'obtenir un diplôme d'instituteur.*

(s.) Marc Zanussi, Mady Delvaux-Stehres, Lydie Err, Jean-Pierre Klein, Jos Scheuer.

Wann déi Motioun, déi virdrun zitéiert ginn ass, nach Aktualitéit huet, da wär et vläicht interessant, wann d'Mme Brasseur eis herno géing soen, wat da vum Dezember vum leschte Joer bis haut an deem do Beräich geschitt ass, fir déi Motioun an déi Ausbildung an d'Praxis ëmzesetzen.

An den Artikelen 1 bis 4 geet et ëm d'Formatioun vun de Chargéen. Mir sinn der Iwwerzeegung, dass Weiterbildung e Schlüssel fir eng gutt Qualitéit am Enseignement duerstellt.

Bei alle Positiounen, déi mer vun de Gewerkschaften, dem Syvicol an aneren héieren hunn, gëtt gefrot, dass d'Chargéen alleguer sollen een Accès zu der Formatioun vun 120 Stonne kréien. Ech deelen net d'Aschätzung vun der Mme Durdu, déi hei gemengt huet, dat wär contraire zum Aarbechtsrecht. Mir froen als Fraktioun, dass d'Méiglechkeet all Chargé soll gi ginn, dës Formatioun vun 120 Stonne maachen ze kënnen. Och dat hu mer a Form vun enger Motioun niddergeschriwwen.

### Motion 2

#### La Chambre des Députés

*considérant que l'école publique se doit d'assurer une formation de qualité à tous les élèves;*

*estimant que la meilleure garantie pour un enseignement de qualité est une formation appropriée du personnel enseignant respectant tous les aspects de la profession;*

*constatant que la pénurie du personnel breveté persistera dans les années à venir et qu'il faut dès lors pourvoir à ce que tous les chargés de cours qui remplissent les conditions d'admissibilité puissent suivre la formation prévue à l'article 1er du présent projet de loi;*

*invite le Gouvernement*

*à admettre tous les chargés de cours remplissant les conditions d'admissibilité à la formation prévue à l'article 1er du présent projet de loi.*

(s.) Marc Zanussi, Mady Delvaux-Stehres, Lydie Err, Jean-Pierre Klein, Jos Scheuer.

Da gëtt et natierlech aner Facteuren, déi een net däerf négligéieren. Ee vun de Facteuren ass natierlech dee vun

der Berufserfahrung. Et muss een allerdings soen, dass mer hei zu Lëtzebuerg ganz wéineg Erfahrung an der Evaluatioun vun där Berufserfahrung hunn, an dass d'Gesetz, wat elo hei diskutéiert gëtt, den Usproch huet an Aklang ze bréngen eng gewësse Beschäftigungsgarantie vun de Chargéen a fir hinnen d'Angscht ze huelen ëm d'Zukunft vun hirem Beruff.

Mir si konfrontéiert gewiescht mat enger ganzer Rei vu Manifestatiounen, bei deenen d'Gewerkschaften hir Suergen artikuléiert hunn. Et gouf eng Manifestatioun vum SNE-SEW a vun de Studente vum ISERP, wou ech nolauschtere konnt, wat d'Suerge vun de Gewerkschaften an deem do Punkt waren. Et ass drop opmierksam gemaach ginn, dass déi Pénurie vun Enseignanten, déi et gouf an déi et och nach gëtt, lues a lues amgang ass zréckzagoen. Et huet een héieren, besonnesch vun de Studente vum ISERP, wat fir eng Suergen déi jonk Leit sech iwwert d'Zukunft vun hirem Beruff maachen.

Mir sinn haut mat engem Gesetz konfrontéiert, mat deem kee vun deene béide Gewerkschaftsbléck, déi sech mat dëser Fro beschäftegt hunn, averstanen ass. Do muss ech scho soen, esou e Konschtstéck muss een emol fäerdeg bréngen. A wa virdu vun Dialog geschwat ginn ass, da géing ech mir erlaben eng aner Meinung derzou ze hu wéi déi vun der Mme Durdu, an och nach liicht nuancéiert par rapport zu där vum Här Wiseler.

Wann ee vun Dialog schwätzt, da muss een den Dialog och fleegen, a wann ech mat de Gewerkschaften geschwat hunn, déi un dësem Prozess bedeelegt waren, dann huet een och do erëm eng Kéier héieren, dass eng Rei vun Entrevuen net zustane komm sinn, dass d'Gewerkschaften wuel eng Kéier geruff gi sinn, fir iwwert deen Text ze diskutéieren, duerno laang net méi geruff gi sinn an drop gewaart hunn, fir hir Argumenter kënne virzebréngen.

Wat d'Aarbechten an der Chamberkommissioun ubelaangt, muss ech soen, dass dee Prozess, deen do ofgelaf ass, menger Aschätzung no awer engem Parlament net richtig wüdeg ass. Mir hunn an der Chamberkommissioun de 16. Januar fir déi éischte Kéier iwwert dëst Gesetz diskutéiert. Mir haten deemools scho gefrot, ob mer vum Ministère kéinte Statistiken kréien iwwert d'Zuel vun de Chargéen, iwwer hiren Ausbildungsgrad, iwwer hiren Alter, iwwer hir Anciennetéit, iwwer hire Beschäftigungsgrad an Ähnlech méi.

Duerno ass kuerz driwwer diskutéiert ginn an et ass gesot ginn, mir kommen erëm eng Kéier zesummen, wann den Avis vum Conseil d'Etat virläit. Mir hunn den Avis vum Conseil d'Etat en halleft Joer méi spéit, de 5. Juni, zougestallt kritt. Mir haten deen Dag zoufälligerweis och nach owes Chambersetzung bis 10.30 Auer an deen Dag drop

Kommissiounssetzung, wou déi zwee Avisen zur Analyse um Ordre du jour stongen.

Mir hunn deemools proposéiert, dass mer sollten eng Presentatioun vum Avis vum Conseil d'Etat maachen, dass mer eng aner Setzung nach sollten aberuffen, fir iwwer Amendementer ze diskutéieren. Mir hunn och do nach eng Kéier gefrot, wéi et da mat deene Statistiken wier, déi mer en halleft Joer virdu gefrot haten, déi awer wichteg wieren, fir eng connaissance de cause iwwert dës Problematik kënne ze diskutéieren.

Et huet ee festgestallt, dass d'Majoritéit ee ganz festen Zäitplang am Kapp hat, wéi dee Szenario fir de Vote vun dësem Gesetz sollt iwwert d'Bühn goen. Et ass net méi vill driwwer diskutéiert ginn, fir Amendementer ze maachen, anstänneger, inhaltlecher. Dat war net méiglech. Et ass awer eppes ginn, wat d'Majoritéit e bëssen emmerdéiert huet, nämlech d'Tatsaach, dass d'Gewerkschaften den SNE, den SEW, den FNC, d'FGFC an d'Schüler vum ISERP gefrot hate fir bei d'Kommissioun ze kommen. A wann ech dann d'Mme Durdu héieren, déi mengt, mir hätten do en Dialog gefouert, da muss ech soen, ech hunn eng aner Virstellung vun Dialog.

D'Gewerkschaften sinn den 10. Juni ëmfaange ginn. Et ass eng Rei vun interessante Virschléi vun de Gewerkschaften do gemaach ginn an ech gleewen och net d'Aschätzung vun deenen, déi gesot hunn, dass egal wat a wivill Zäit nach opgewannt gi wier, e Kompromëss net méiglech gewiescht wier. Ganz am Géigendeel.

De Landesverband an d'FGFC hunn hier Suergen nach eng Kéier presentéiert. Si hu virun allem vun der Astellungssécherheet geschwat an nach aner Propositionen gemaach, a si hunn e genaue Virschlag gemaach, dee scho virdu eng Kéier hei zitéiert ginn ass, nämlech deen, fir de Chargéen, déi an enger Gemeng net agestellt ginn, eng Prioritéit an enger anerer Gemeng ze ginn, an duerno hinnen d'Prioritéit ze ginn, fir an d'Réserve nationale ze kommen, ënnert der Maassgab, dass se déi Formatioun an engem fir si acceptablen Délai kënne nohuelen.

Wann een d'Positioun vum Landesverband suivéiert huet an där doter Fro, muss ee feststellen, dass dat eng staark Beweegung an hirer Positioun war, iwwert déi een hätt misse méi seriö schätzen, wéi dat de Fall war.

Mir haten duerno den SNE, den SEW an d'Studente vum ISERP an der Kommissioun an och si hunn eis nach eng Kéier hir Argumentatioun duergeluegt an drop higewisen, dass wat déi Fro vun der Pénurie ubelaangt, si eis Chiffere virgeluegt hunn, déi drop erauslafen, dass säit 1999 ongeféier 190 bis 200 Enseignanten erauskommen, dass 40 fir de Précolaire an 150 bis 160 fir de Primaire

sinn, an 20 bis 30 Kandidate weiderginn op d'Universitéit an de Préparatoire, respektiv an den Technique.

De Fin mot vun där Diskussioun ass, dass si zur Konklusioun komm sinn, dass et e positive Solde gëtt vu 50 bis 80 Enseignanten, fir déi Pénurie do opzeschaffen, woubäi ee muss wëssen, dass am Préscolaire, wou d'Pénurie nëmme méi bei 65 Poste läit, déi Pénurie am Laf vu kierzester Zäit opgehuewe gëtt. A si hunn zum Ausdrock bruecht, dass dat, wat si als Chifferen do leien hunn an als Statistik virbereet hunn, op der Basis vun de Chiffere vum Ministère gemaach ginn ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dobäi kënnt nach d'Tatsaach, dass den Artikel, dee virdru vun der Mme Durdu ugeschwat ginn ass, elo dozou féiert, dass et bei wäitem méi liicht ass wéi virdrun, fir aus dem Préscolaire an de Primaire ze wiesselen. Dat huet de Virdeel, dass selbstverständlech déi Leit, déi laang am Primaire waren, emol eng Kéier eng aner Missioun kënnent kréien. Et kënnt och sinn, dass Leit, déi laang am Primaire waren, wëllten an de Préscolaire wiesselen, fir mat anere Kanner ze schaffen.

Et wäert awer och dozou féieren, dass, wann d'Plazen am Préscolaire besat sinn, alleguer déi, déi d'Formatioun gemaach hunn, och wäerte wiesselen an de Primaire, wat wäert dozou féieren, dass déi Pénurie, déi do besteet, u sech éischter méi kleng gëtt, wat jo keng schlecht Saach ass, mä wat awer d'Argumentatioun vum SEW a vum SNE ënnerstëtzt.

Si hunn eis an der Diskussioun och opmierksam gemaach op den Artikel 15, elo den Artikel 16, wat fir eng Schwierigkeete se domadder hunn, a si hunn déi Argumenter nach eng Kéier virbruecht.

D'Tatsaach, dass d'Gemeenge kënne Chargéen astellen, déi e Contrat à durée indéterminée kréien, ouni dass se déi Formatioun vun 120 Stonne maachen, d'Tatsaach, dass et effektiv Gemeinde gëtt, déi sech net dorunner halen, ass e Fakt, ob eis dat gefält oder net.

Ech wollt op dëser Plaz d'Ministerin froen, ob et d'Méiglechkeet gëtt als Ministère Sanktiounen ze huelen, wann eng Gemeng higeet a sech net un dat Gesetz hält. Gëtt et d'Méiglechkeet iwwert d'Finanzéierung oder aner Methoden d'Gemengen ze sanktionéieren, wa se sech net un d'Prozedur halen?

Et huet virun allem och d'Gewerkschaften gestouss, den SEW an den SNE, dass ënner Ëmstänn Chargéen kennen agestallt ginn, déi déi Formatioun vun 120 Stonnen net hunn.

Déi Argumentatioun, déi virbruecht ginn ass vun deenen, déi soen, dat do kann alles net sinn, gëtt awer och nach

ënnerstëtzt vum Groupement vun den Inspekteren, déi ganz no un där Prozedur an de Gemeinde sinn an déi och gesot hunn, mat der Exekutioun vun dem doten Artikel kritt der Problemer. Ech hunn net zulescht och am Avis vum SYVICOL, dee kuerz virun den Diskussiounen erauskomm ass, datselwecht gelies, an dat si jo awer Leit, déi an de Gemengen aktiv sinn a wëssen, wéi se mat deenen Texter sollen ëmgoen.

An der Diskussioun mat de Gewerkschaften ass dunn och dee Virschlag, deen de Landesverband an där Sëtzung e puer Minutte virdru gemaach hat, presentéiert ginn an et hat een den Androck, dass den SEW an den SNE mat deem Virschlag keng Schwierigkeeten hätten. No der Entrevue hat een den Androck, dass et méiglech gewiescht wier e Kompromëss ze fannen, a mir haten alleguer, déi eeschthaf doru gegleeft hunn, och d'Hoffnung, dass, nodeem d'Entrevue eriwwe war, eng anstänneg Diskussioun kënnt stattfannen an ënner Ëmstänn Amendementer géife gemaach ginn, fir deen Text ze verbesseren.

No der Diskussioun, déi mer mat de Gewerkschaften haten, hate mer eng Diskussioun an der Kommissioun. Mir haten och eng Diskussioun mat de Verrieder vum Ministère a mir hunn nach eng Kéier no de Statistike gefrot, déi mer déi Woch virdru versprach kritt haten, a mir hu mëndlech Statistike virgedroe kritt, déi een allerdéngs net selwer virleien hat an och net selwer konnt analyséieren. Et ass eis gesot ginn, dass effektiv nëmme 80% vun de Gemengen déi Donnéeën eraginn hunn, déi eis et géingen erlaben eng anstänneg Statistik ze maachen.

Ech mengen, wann ee sechs Méint Zäit huet, fir déi Donnéeën eranzeginn an eng Gemeng dat net mécht, da misst ee frëndlecherweis notëlefonéieren a froen, ob se se net wëllten noschécken. Dat ka fir eis keen Argument sinn, fir net op anstänneg Statistike kënne zréckzegräifen.

Allerdéngs, wat sécher war, d'Leit aus dem Ministère sot, d'Statistike vum SNE an SEW wiere falsch. Et war dann u jidderengem selwer ze gleewe wat e wëllt a wat en net wëllt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den 12. Juni sinn an der Kommissioun kleng redaktionell Ëmännerunge vum Conseil d'Etat acceptéiert an de Rapport vun der Chamberkommissioun gestëmmt ginn. Et war och an där Sëtzung net méiglech nach méi fundamental Amendementer anzubringen, fir den Text ze verbesseren.

Ech wëll nach eng Kéier soen, d'Aart a Weis, wéi deen Text hei iwwert de Knéi gebrach ginn ass, ass net ze verrieden. D'Gewerkschaften, déi do waren, si carrément op den Aarm geholl ginn. D'Oppositioun an der Kommissioun ass einfach niddergestëmmt ginn. Dat ass

keng Form vun Dialog, wéi mir et verstinn. Wann ee Gewerkschaften invitéiert, fir mat hinnen ze diskutéieren, an et weess ee genee, dass een net ee Komma méi bereet ass um Text ze änneren, da mengen ech, wier dat verlueren Zäit an et sollt een esou éierlech sinn a se net invitéieren.

A wa se dann deen Dag drop an de Ministère invitéiert ginn, fir vun der Ministerin gesot ze kréien, si géif sech un de Rapport vun der Kommissioun halen, dann ass dat och net déi Aart a Weis, déi een als Dialog ka bezeichnen.

Dat ass also eng parlamentaresch Virgehensweis, mat där mir net d'accord sinn, an et ass wierklech bedauerlech, dass besonnesch d'Demokratesch Partei, déi mat deem Slogan an d'Wahle gaangen ass, esou Methoden applizéiert. An et ass ëmsou méi dramatesch, wann ee liest, wat d'Mme Polfer elo viru kuerzem gelegentlech dem DP-Kongress an engem Interview gesot huet, a si gleeft et wahrscheinlech och nach: „Die Methode, die auf Dialog und Überzeugung setzt, braucht manchmal etwas Zeit. Dagegen aber hat sie den Vorteil, dass einmal getroffene Entscheidungen auch von allen, oder wenigstens einer grossen Mehrheit, getragen werden und deshalb auch dauerhaft sind.“

Ech muss soen, dass dat awer bei dësem Gesetz an d'Box gaangen ass. Fir esou eppes ze behaupten an an der Praxis genau de Géigendeel ze maachen, do hunn ech den Androck, dass dat schonn u Schizophrenie grenzt, an d'Bierger dobaussen an d'Partner, déi dat mat hinnen diskutéieren, wäerten dat sécherlech och net vergiessen. Wann een den Dialog eescht hält, da muss een en och an der Praxis applizéieren.

Mir kënnen dee Projet, dee mer haut hei virleien hunn, nach amendéieren. D'Chamber ass souverän, fir dat ze maachen. Mir wollten dofir als Fraktioun en Amendement proposéieren. Deen Amendement leeft drop eraus, dass mer virschloen den Artikel 16 ze sträichen.

D'Argumentatioun kann ech nach eng Kéier kuerz widderhuelen. D'Tatsaach, dass d'Gemeenge Chargéé kënnen astellen, se awer net mussen astellen, gëtt deene betraffene Leit net déi gewënschte Sécherheet, déi se gären hätten. Et muss ee soen, dass duerch deen doten Artikel, ob dat engem gefällt oder net, et eng weider Kategorie vu Chargéé gëtt, déi agestallt ginn, nämlech déi, déi keng Formatioun vun 120 Stonnen hunn. Et gëtt d'Tatsaach, dass eng weider Kategorie vu Chargéen doduerch geschafe gëtt, well déi eng vum Intérieur an déi aner vum Educatiounsministère approvéeiert ginn, an et gëtt d'Méiglechkeet, dass d'Zuel vun de Chargéen iwwert deen heite Wee ka klammen.

Fir d'Aarbechtsplazrecht vun de Chargéen awer ofzesécheren an engem Sënn, dee fir eis acceptabel wier, proposéiere mer en Amendement, dee ganz kloer seet, dass déi Chargéen, déi an där Gemeng, wou se net ugehol ginn, sollen d'Prioritéit an enger Gemeng kréien an dass se d'Prioritéit hunn, fir an d'Réserve nationale ze kommen, ënnert der Maassgab, dass se déi Formatioun vun 120 Stonne maachen.

Ech deelen net d'Meenung vun deene Leit, déi hei gesot hunn, dat wier net ze géréieren, souwuel um Niveau vun de Gemenge wéi um Niveau vun der Réserve nationale. Ech menge schonn, dass dat ze géréieren ass an dass mat deem heiten Amendement am Fong d'Chargéé méi eng grouss Garantie de l'emploi kréien, wéi dat den Artikel 16 hinne ka garantéieren.

Ech wëllt hei am Numm vun eiser Fraktioun deen Amendement déposéieren.

### **Amendement 1**

*L'article 16 du projet de loi sous rubrique est biffé et remplacé par un nouvel article 16 libellé comme suit:*

*Les chargés de cours en service au moment de l'entrée en vigueur de la présente loi et qui sont détenteurs d'un diplôme luxembourgeois de fin d'études secondaires, d'un diplôme luxembourgeois de fin d'études secondaires techniques ou d'un diplôme reconnu équivalent par le ministre ayant l'Education nationale dans ses attributions qui sont remplacés par un enseignant breveté ont priorité pour occuper un poste auprès d'une autre commune ou pour être intégrés dans la réserve nationale de suppléants, sous condition qu'ils suivent la formation visée à l'article 1 de la présente loi.*

*(s.) Marc Zanussi, Mady Delvaux-Stehres, Lydie Err, Jean-Pierre Klein, Jos Scheuer.*

Da muss ee soen, dass niewent deem zentrale Virdeel, deen dësen Amendement huet, op Grond vun deem, wat ech virdu gesot hunn, en awer nach eng Rei vun anere Virdeeler huet, nämlech d'Tatsaach, dass an Zukunft Leit, déi nach wëlle Chargé de cours ginn, demotivéiert ginn dat ze maachen, well se gesinn, dass all Mënsch d'Prioritéit huet fir eng fest Ustellung ze kréien, souwuel an der Gemeng wéi an der Réserve communale, an domadder d'Chargéen, déi do sinn, lues a lues auslafen. Dat ass den Nieweneffekt, deen esou en Amendement wéi dësen huet, an ech géing wierklech d'Deputéierte bieten, deen Amendement ze stëmmen.

Deen Amendement géing eiser Meenung no och dozou bäidroen, dass et mëttelfristeg erëm zu engem Konsens a virun allem zur Rou an der Schoul kënn kommen, dass



d'Ambiance géing verbessert ginn, an dat, mengen ech, wier am Intérêt vun de Kanner.

Et muss ee soen, dass op der Konziliatioun d'FGFC eng Proposition wéi déi heiten absolut géing mat ënnerstëtzen, esou dass dat hei en Text wier, deem zu engem breede Konsens kënnst féieren.

Ech wëllt, wéi gesot, nach eng Kéier drop opmierksam maachen, dass all Deputéierte sech sollt iwwerleeën, wann deem Amendement hei zur Ofstëmmung kënnst, fir e matzestëmmen. Mir sinn iwwerzeegt dovun, dass mer domat dat virleidend Gesetz ëm munches kënnst verbesseren.

Ech wëllt och ënnersträichen, dass mir als Fraktioun eise Vote zu dësem Gesetz ofhängeg maache vum Vote zu dësem Amendement.

Ech sinn awer och d'accord domadder, dass mer mat dësem Gesetz sécherlech net all Problemer wäerte léisen. Mir hunn d'Tatsaach vun deene Chargéen, déi net dorënner falen, wéi de Claude Wiseler et virdru gesot huet, déi keng Première als Ofschloss hunn. Mir hunn och d'Tatsaach, dass et Chargée gëtt, déi en Uerteel virleien hunn, fir als Employé communal agestellt ze ginn, an et wäert och sécherlech, egal wéi et geet, nach den een oder anere Prozess an d'Haus stoen. Dofir mengen ech, dass mer elo sollten e Gesetz maachen, dat géing verhënneren nach méi wéi eng Kéier op dee Problem missen zrëckzekommen.

Ech soen lech merci fir Är Opmierksamkeet.

**M. le Président.** - Merci, Här Zanussi.

Den nächste Riedner ass den Här Paul Helminger.

**M. Paul Helminger (DP).** - Här President, ech géing zur alleréischt och wëllen der Mme President-Rapporteur, der Mme Agny Durdu, e ganz grouse Merci soe fir hire guddeschrëftlechen an ausféierleche mëndleche Rapport, dee se eis zu dëser komplexer a komplizierter, wéi den Här Wiseler gesot huet, Matière gemaach huet.

Ech wëll och net op déi Ausféierunge vun der Mme Durdu zrëckkommen oder se widderhuelen, ech wëll meng Interventioun benotzen, fir op déi verschidde Punkten anzegoen, déi eng gewësse Polemik, esouwuel op politeschem wéi op gewerkschaftlechem Plang, lassgetrueden hunn, eng Polemik, wou ee leider allzeoft d'Impressioun hat, dass et méi ëm e gewëssene korporatistesche Standesdünkel géing goe wéi ëm d'Wuel vun eiser Schoul an d'Wuel vun deene Kanner, déi an där Schoul sinn, Schoul, déi, PISA hin oder hier, ënnert ganz schwiereregen Ëmstänn bis elo zu Lëtzebuerg e ganz gudden Enseignement vermëttelt huet bei aller Kritik, bei aller Upassung, déi geschéie muss, Upassungen, déi sécherlech net oder manner jiddefalls um Plang vun de

Statute leie vun deenen, déi am Enseignement intervéieren, wéi um Plang vun der Pedagogik, vun de Contenuen, wou se alleguer zesumme gefuerdert sinn, fir sécher ze stellen, dass eis Kanner déi Erzéiung kréien, déi hinnen eng geséichert Zukunft assuréiert.

D'Pénurie vum Léierpersonal ass an eisem Enseignement e Problem, mat deem déi responsabel Politiker säit laange Joren ze kämpfen hunn, an och do wär et vläicht net schlecht, fir drun ze erënneren, dass déi Pénurie net vum selwen entstanen ass. Si ass sécherlech zum Deel doduerch entstanen, dass jorelaang net mat deem néidegen Nodrock an deem Secteur forméiert ginn ass. Si ass awer och zum Deel doduerch entstanen, dass, vläicht ouni sech iwwert all Konsequenze Rechenschaft ofzeleeën, an der Manéier, wéi geschafft gëtt an där Zäit, déi an de Schoulen dem Léierpersonal zur Verfügung steet, notament an den Täché Reforme gemaach gi sinn, déi forcément sech dran néiergeschloen hunn, dass mer, fir deeselwechte Pensum ze bewältegen, méi Leit gebraucht hunn.

Wat jiddefalls fir d'Demokratesch Partei ëmmer klor war an ee vun de fundamentale Prinzipie war, an datselwecht hu mer nach Enn den 80er Joren an eisem Pabeier: "Pour une politique libérale de l'enseignement: propositions et alternatives" gesot, zu enger Zäit also, wou mer an der Opposition waren: "Il y a lieu d'élaborer un projet de planification et de recrutement à moyen terme pour arriver à pourvoir les classes du primaire avec des instituteurs/trices breveté(e)s dans toutes les communes du pays." Dat war a bleift de kardinale Prinzip fir d'DP, wat d'Besetzung vun de Plazen an de Schoule betrëfft.

Et ass natierlech haut einfach ze soen, wann dës oder ähnlech Mesuren éischer getraff gi wären, da géif d'Situatioun vun der Pénurie vun den Enseignanten sech anescht presentéieren. Et soll een awer och net vergiesse, dass et virun 20 Joer nach éischer geheescht huet, eis Schüler solle sech nëmmen net fir de Schoulmeeschterberuff begeeschteren, et géingen net genuch Plazen an deem Beruff ginn. Haut presentéiert sech d'Situatioun um Terrain natierlech anescht.

Ech erënneren un e puer Zuelen aus der Education préscolaire an dem Enseignement primaire, fir nëmmen déi ze nennen: Am Schouljoer 2000/2001 goufen et insgesamt 2.934 brevetéiert Enseignanten. Dat sinn der 540 méi wéi am Schouljoer 1995/1996, dat heescht a fënnef Joer, mä, fir déi iwwreg gebliwwe 490 Vollzäitposten ze besetzen, huet missen op zousätzlech 773 Chargés de cours zrëckgegraff ginn. An anere Wieder heescht dat net méi an net manner, wéi dass, eleng vun der Besetzung vun de Plazen hier wéi vun der Presenz an de Schoulen, ouni déi zousätzlech Chargés de cours eise Schoulsystem

e ganz seriöse Problem hätt, fir den Enseignement an all senge Schoukllassen ze garantéieren.

Et ass och vun der Alterspyramid geschwat ginn. Wann ee bedenkt, dass niewent deene 17,5% Schoulmeeschteren a Léierinnen, déi am Alter vu 25 bis 29 Joer sinn, déi 45- bis 49-Jähreg awer deen zweethöchste Prozentsatz mat 16,2% duerstellen, dass am Enseignement spécial dës Situatioun nach e bësse méi drastesch oder dramatesch ass, do sinn nämlech nëmme 7,9% vun de brevetéierte Léierpersounen am Alter vu 25 bis 29 Joer, mä 19,7%, also bal 20%, an 23,6% am Alter vu 45 bis 49 Joer, respektiv am Alter vu 50 bis 54 Joer. Dass dës Léierpersonal an net allzeweit Zukunft wäert a Pensioun goen, brauch ech jo wuel net extra ze betounen.

E weidere Punkt, dee wesentlech zu der heiteger Situatioun bäigedroen huet, ass, dass d'Schülerzuelen am Laf vun deene leschte Jore markant zougeholl hunn. 1995/1996 huet de Préscolaire nach 9.882 Schüler an de Primaire 27.844 Schüler gezielt. Fënnf Joer méi spéit, 2000/2001, hu mer am Préscolaire schonn 13.083 Schüler an am Primaire 31.278.

Fir dës Pénurie an de Grëff ze kréien, wore mir viru Jore bereet, fir ganz pragmatesch nei Weeër a Méiglechkeeten ze sichen. Deemools wéi haut wore mir frou op d'Hëllef an den Engagement vu Leit kënnen zréckzegräifen, déi vläicht net onbedéngt déi néideg Formatioun hunn, mä dofir awer de Wëllen an d'Ambitioun matbruecht hunn, fir Schoul ze halen, woumat ech natierlech net wëll behaupten, dass e Wëllen oder eng Ambitioun, egal wéi grouss se och sinn, Jore vun intensiver Formatioun ersetze kënnen, ofgesinn dovun, dass natierlech och vun deenen, déi brevetéiert sinn, déi déi Formatioun matgemaach hunn, haut nach allerhand Engagement zousätzlech zu hirer Kompetenz gefuerdert gëtt.

Beim Asetze vun net brevetéiertem Personal sinn awer leider an der Vergaangenheet déi aarbechtskontraktlech Bedingungen allzevill oft op der Streck bliwwen, an dohier kënnt jo de Problem. D'Chargéé kruten zwar hir Aarbechtskontrakter à durée déterminée erneiert, net ëmmer, dat hunn entre-temps d'Gerichter eis x-mol nogewisen, allerdings am Respekt vun den allgemeng gültige Bestëmmunge vum Aarbechtsrecht. Gläichzäitig konnt natierlech keen hinnen d'Sécherheet vun enger fester Plaz garantéieren.

An deem Kontext wëll ech dann och nach bemierken, vu dass dës ganz Polemik ronderëm d'Situatioun vun de Chargés de cours jo net säit gëschter aktuell ass, laang Jore verstrach sinn, ouni dass eppes geschitt ass. D'Responsabilitéit, fir d'Regularisatioun vun de Chargéen ze iwwerhuelen, gouf allzeoft an der Vergaangenheet

vun engem Ministère op een aneren iwwerwisen. Engersäits huet sech deen deemolegen Educationminister geint eng automatesch Regulariséierung ausgesprach an huet amplaz eng juristesche Klärung vun der Situatioun virgeschloen, während den Innenminister op senger Säit et strikt ofgelehnt huet, och nach bis viru kuerzem, dass d'Gemengen hire Chargéen e feste Kontrakt ubidde mam Argument, d'Schoulgesetz vun 1912 géif keen anert Personal wéi dat brevetéiert an de Schoulen zouloossen.

An der Vergaangenheet ass genuch iwwert dës Sujet gestridde ginn an et ass dofir wichteg, dass endlech eng Regierung, a besonnesch eng Erziehungsministesch, d'Mme Anne Brasseur, de Courage haten, fir eng Léisung auszeschaffen, fir wuel mat de Leit ze schwätzen, vill ze schwätzen, laang ze schwätzen, oft ze schwätzen, mä dach awer ze soen, elo ass de Moment komm, wou mer müssen Neel mat Käpp maachen, an eng Léisung virschléit, déi engersäits den Entwécklungen am Schoulsecteur Rechnung dréit an anerersäits dem gesamte Léierpersonal, ob Brevetéierter oder Chargéen, an och de Gemengen eng ugemoosse Solutioun presentéiert, déi déi richteg Prioritéit berücksichtegt.

Hir Aufgab ass net vereinfacht ginn duerch déi Polemik, déi sech verschidde Syndikater an deene vergaangene Méint geleescht hunn, andeems si wierklech op eng Manéier, déi net ëmmer schéi war nozekucken, déi eng géint déi aner opgestéppelt hu mam Resultat, dass d'Stëmmung a ville Gemengen onnéideg vergëft ginn ass, wou Brevetéiert a Chargéen dach säit Joren an engem agespillten Team zum Wuel vun de Kanner zesumme geschafft hunn. Et kann een nëmme hoffen, wa mer dat Gesetz hei hannert eis bruecht hunn an déi Konditiounen geschafe gi sinn, déi et erlaben, a Klorheet den Enseignement an eise Gemengen ze organiséieren, dass déi Wonnen erëm kënnen geheelt ginn an dass et erëm zu där oft ganz flotter a souwéisou absolut noutwendeger Zesummenaarbecht tëschent deenen engen an deenen anere kënnt, an dat zum Wuel vun deenen eenzegem, ëm déi et wierklech hei geet, eise Kanner.

Do fir si mir als Demokratesch Partei ëmsou méi frou, elo endlech e Projet hei virleien ze hunn, dee Klorheet an déi ganz Problematik vun de brevetéierten Enseignanten an de Chargés de cours bréngt, e Projet, dee keen Zweifel méi zouléisst, wie viru wem wéi ee Posten därer besetzen, e Projet, duerch deen och elo déi sellegen Aktiounen viru Geriicht, déi allerdings hei eng wichteg Virreiderroll gespillt hunn, endlech en Enn därften hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi ass klor a sengen Ausféierungen. Wat seet en net? En ännert näischt un der absoluter Prioritéit, fir vakant

Poste mat brevetéierte Schoulmeeschteren a Léierinnen ze besetzen. En ännert och näischt um Prinzip, dass vakant Posten, déi net kënne vu brevetéiertem Personal besat ginn, mat Chargés de cours ënnert dem Regime vum Contrat de travail à durée déterminée, esou wéi d'Gesetz vun 1912 dat virgesäit, kënne besat ginn.

Par ailleurs schaaft d'Gesetz awer och d'Méiglechkeet, fir Chargéen als Employés privés an engem Contrat à durée indéterminée anzustellen, wat haaptsächlech deene Gemengen et dierft erlaben, fir all déi Situatiounen ze regulariséieren, wou aus dësem oder deem Grond dee Contrat à durée déterminée, dee se am gudden Glawe meeschtens ofgeschloss hunn, sech rechtlech net an der Rei erweist.

Doriwwer eraus ass d'Zil vun dësem Projet d'Créatioun vun enger Réserve de suppléants, fir éischters d'Titulaires ze ersetzen a fir zweetens déi Posten ze fëllen, déi net kënne besat ginn, well keng Leit do sinn.

Et ass awer elo net esou, dass all Mënsch, wéi dat elo gären iwwert d'Medien duergestallt gëtt, an dës Réserve dierf kommen. D'Gesetz gesäit hei ganz klor an däitlech eng Rei Moossname vir: D'Chargéë mussen eng Formation suivéieren, déi berümt 120 Stonnen, déi mat enger Attestation d'admissibilité an d'Reserve sanktionéiert gëtt, a si mussen och eng berufflech Expérience vun dräi Joer virweisen.

Ech wëll awer hei nach emol betounen, dass dës Moossnam kengeswegs drop hi steiert, fir eng Gläichsetzung tëschent dem Chargé an dem Brevetéierten ze erreechen. Och eng Formation en cours de service kann net déi Formation ersetzen, déi brevetéiert Schoulmeeschtere während Joren absolvéiert hunn. Dofir wëll ech nach eng Käier betounen, dass wann an enger Rei Joren déi aktuell Pénurie sollt behuewe sinn, dat heescht, wann all verfügbar Poste vu brevetéiertem Personal besat wären, ech woen net ze soe sinn, d'Prioritéit fir an d'Reserve des suppléants eranzekommen, selbstverständlech och hei fir brevetéiert Personal géng gëllen.

Wat d'Formation vun de Chargéë betrëfft, si mir als Demokratesch Partei iwwerhaapt der Meinung, et sollt een driwwer nodenken, fir en zweete Bildungsweg ze schaffen, fir de Chargéen d'Méiglechkeet ze bidden, fir iwwert dës Wee den Diplom vum Schoulmeeschter nozehuelen. Mä nach eng Käier, och an Zukunft gëllt, wann d'Gemenge Posten ausschreiwen, déi besat mussen ginn, dass déi Brevetéiert ganz klor de Virtrëtt hunn. Doran ännert de Fait, dass d'Gemengen hir, wéi et esou schéin heescht, Chargéë mat dësem Gesetz als Employés privés fest astelle kënnen, näischt. D'Plazen, déi vu Chargéë besat ginn, mussen, och wa si de Statut vum Privat-

beamten hunn, och wa si e Contrat à durée indéterminée hunn, ëmmer erëm all Joer op en Neits ausgeschriwwen ginn an d'brevetéiert Personal muss och da virgezu ginn. D'Gesetz léisst hei keng Mëssverständnisse zou.

Am Fall wou de Chargéen hir Services net méi an der Schoul sollt gebraucht ginn, well genuch brevetéiert Personal do ass, sollt mer allerdings derfir suergen, alleguer déi, déi Gemengeverantwortung droen, dass se op eng sénnvoll Manéier kënne weider bei der Gemeng beschäftegt ginn. Wann dat net méiglech ass, si mir am Fall vun engem Licenciement pour raisons économiques, wéi den Här Wiseler et virdru scho gesot huet.

Zum Schluss géng ech nach gären drop hiweisen, dass d'Regularisatioun vun de Chargés de cours voraussetzt, dass esou wéi dës Projet et virgesäit, och d'Schoulgesetz vun 1912 muss reforméiert ginn, well laut dem Gesetz vun 1912 dierfen nëmme Brevetéierter Schoul halen.

Am Kader vun enger Aktualitéitsdebatt de 5. Dezember d'lescht Joer huet d'Demokratesch Partei op dës Problem higewisen. D'Mme Durdu huet gesot, d'Schoulgesetz vun 1912, dat beseet, dass ausschliesslech - ech kann dat allerdings net mat hirem Accent soen - Schoulpersonal mat deenen erfuerderte Qualifikatiounen, dat heescht brevetéiert Personal, dierf Schoul halen, muss selbstverständlech an deem Sënn ëmgeännert ginn.

Mir als Demokratesch Partei sinn iwwerzeugt, dass wann déi Mesuren, déi an dësem Projet virgesi sinn, ëmgesat ginn, eng Regularisatioun vun dem allgréissten Deel vun de Chargés de cours endlech op enger juristescher Basis fousst, déi Situatioun an Zukunft vun dëser Leit optiméiert an esou wäit wéi méiglech ofsichert, ouni awer iergendeppes vum absolut prioritären Zougang vun de Brevetéierten zum Enseignement a Fro ze stellen.

Mat dësem Gesetz hu mir endlech déi Léisung um Dësch, déi nach d'lescht Joer vu praktesch alle Participanten an der Aktualitéitsdebatt iwwert d'Chargés de cours gefuerdert ginn ass a wéi se an der Press konnt nogelies ginn: „Wir brauchen eine globale Lösung, die Brevetierten bei der Einstellung bevorzugt, aber auch nicht Brevetierten die Chance gibt sich weiterzubilden. Zudem muss den Gemeinden per Gesetz die Möglichkeit eröffnet werden, Lehrbeauftragten einen festen Arbeitskontrakt anzubieten.“ Dat kréie mer elo.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** D'Wuert huet den Här Henckes.

**M. Jacques-Yves Henckes (ADR).**- Här President, Dir Damm an Dir Hären, mir hunn als ADR de Problem zimlech konsequent hei an der Chamber opgeworf. Mir haten d'lescht Joer versicht, fir en am Kader vun enger Interpellatioun ze diskutéieren. D'Mme Ministerin an

d'Majoritéitspartei woren net bereet dat ze maachen, mä si hu sech awer misse bereet erklären, fir de Problem bei Geleeënheet vun enger Aktualitéitsdebatt de 5. Dezember d'lescht Joer ze diskutéieren.

Bei där Geleeënheet hat den ADR e puer Motiounen abruecht, déi natierlech vun de Majoritéitspartei a vun der Regierung net acceptéiert gi sinn. Ech gesinn, dass de Kolleg Zanussi eng vun onse Motiounen - a liicht geänneter Form - iwwert d'Formatioun vun de Chargés de cours erëm virbréngt. Ech huelen un, dass déi Motioun wäerte vun de Majoritéitspartei nees verworf ginn.

Mir hunn och eng Proposition de loi déposiert, wou mer gesot hunn, wat misst geännert ginn, a verschidde konkret Propositione gemaach, op déi ech herno wäert zrëckkommen.

Zu éischt wëll ech ervirsträichen déi Aart a Weis, wéi et zu dësem Projet de loi komm ass: Keen Dialog, à moins dass ee mengt, Mme Ministerin, dass den Dialog dora besteet, dass een d'Gewerkschafte vun de Schoulmeeschteren an den Enseignante rífft, hinnen zwar nolauschert an da seet: Ech maachen dat, wat ech wëll. Och d'Représentante vun de Chargés de cours léisst ee kommen, an da seet een deenen ebenfalls: Ech maachen dat, wat ech wëll. Dat ass en Dialogue de sourds.

An d'Chamber, déi kritt dann en Text virgeluegt an der Kommissioun, wou gesot gëtt, maacht dat, wat ech wëll als Regierung: Vogel friss oder stirb. An da gëtt am Hauruckverfahren en Text duerchgebaascht.

### **(M. Jean Spautz reprend la Présidence)**

Ech mengen, dat ass net d'Aart a Weis, wéi een den Dialog versteet. An da kënnt et natierlech esou, dass d'Mme Ministerin zwar eng Bildungsoffensiv annoncéiert huet, mä ech hat net geduecht, dass dat esou ze verstoe wier, dass se misst duerch eng Haie vu Protestanten hei an d'Chamber kommen.

Dat ass e bëssen dat, wat schued ass, well während dräi Joer huet ee vun där ganzer Bildungsoffensiv näischt ze gesi kritt. A wann dann deen éischte seriöse Problem kënnt, da gesäit een, dass en net am Dialog geléist ginn ass, mä dass e Projet à la va-vite hei déposiert ginn ass, dee méi Problemer opwerft wéi en der léist.

Ech wëll awer och soen, dass ee muss festhalen, dass d'Gemengen, an och all déi Gemengepäpp, déi hei sinn, an alleguer déi, déi hei geschwat hunn, drop higewisen hunn, dass nach Problemer bleiwen. Ech wäert herno nach e bëssen op déi Problemer agoen, well et si se nach laang net all, déi hei diskutéiert ginn.

D'Chargés de cours sinn net mam Projet d'accord. D'Schoulmeeschtere manifestéieren och dergéint. Et kann

een net soen, dass wa jiddferee géint e Projet ass, dass en doduerch e gudde Kompromiss wär. Et ass iwwerhaapt näischt dee Projet!

Déi zweet Bemierkung, déi ee maache muss, ass déi iwwert d'Origine vum Problem. D'Origine vum Problem läit an e puer Décisiounen vun engem fréiere CSV-Erzéiungsminister, deen op eng Kéier, kuerz virun de Wahlen, eng important Décharge bei de Schoulmeeschteren décidéiert huet. En hat ganz vergiess, dass hannendrun net genuch Schoulmeeschtere wieren, fir déi Décharge kënnen opze-fänken. Un deem Elektoralismus leide mer haut nach, e gutt Joerzéngt duerno.

Dat ass d'Origine vum Problem. Et muss hei gesot ginn, dass de Minister Boden fir déi Situatioun responsabel ass. Zu engem groussen Deel jiddefalls.

Déi zweet Saach, déi ee muss diskutéieren, an déi wichteg an deem Kontext ass, ass ze kucken, wéi et an Zukunft weidergeet.

Mir hunn an der Commission de l'Immigration e puer Donnéeën vum Ministère de l'Education nationale kritt. Ech wunnere mech, dass déi net an der Commission de l'Education konnte virbruecht ginn, mä anscheinend woren do e puer Kommunikatiounsschwieregkeeten. No deenen Donnéeën, déi mir kritt hunn, ass gesot ginn, dass nach eng laang Zäit misste Chargés de cours am Précolaire - vläicht do manner -, mä haaptsächlech am Primaire an och am Postprimaire missten agesat ginn an dat au vu vun der Mise à la retraite a vun der Explosioun vun de Schouleffektiver an onsem Land, och doduerch dass d'Klasseneffektiver musse relativ niddreg gehale ginn. All déi Donnéeën féieren dozou, dass mir nach musse eng laang Zäit op Chargés de cours zrëckgräifen.

Déi zweet Donnée, déi ons virgedroe ginn ass an déi hei schonn deen een oder anere Virriedner ugesprach huet, ass d'Tatsaach, dass mer eng ronn dausend Primaner d'Joer kréien. Wann et esou weidergeet, missten déi dausend Stéck zu engem gudden Deel an den Enseignement, respektiv integral an d'Fonction publique goen, fir dass dëse Stat iwwerhaapt nach kënnt fonctionnéieren.

Ech mengen, dat wäert net geschéien. Dat ass och net gesond. Dat ass falsch an doduerch muss een de Problem vläicht op eng aner Aart a Weis ugoen, wéi et bis elo geschitt ass.

Mä wat geschitt nom Vote? Wat ass d'Situatioun, déi d'Gemege virfannen? Fir d'éischt muss ee soen, dass mer elo am Précolaire an am Primaire fënnf Zorte vu Chargés de cours hunn.

1. Déi Chargés de Cours, déi e Contrat à durée indéterminée hunn am Statut vum Employé communal. E



gudden Deel vun hinnen huet och nach am Aarbechtskontrakt dra stoen, dass se engagéiert ginn „exclusivement pour des tâches d'enseignement“. Un där Situatioun kann net vill geännert ginn, well do si Gerichtsuerteeler an do muss ee soen, dass d'Situation acquise ass.

2. Hu mer Chargéen, déi e Contrat à durée indéterminée hunn am Statut vum Employé privé au service de la commune. Dat sinn och Gerichtsuerteeler. Déi Leit hunn e Kontrakt. Och do muss festgehalen ginn, dass se an hirem Objet dra stoen hunn, dass de Kontrakt den Enseignement wier.
3. Dann hu mer eng drëtt Zort vu Chargéen. Dat sinn déi, déi e Contrat à durée déterminée hunn am Statut vum Employé privé au service de la commune.
4. Dann hu mer nach déi, déi e Contrat à durée indéterminée hunn am Statut vum Employé de l'Etat an aus deem éischte Pool vun 1991 stammen.
5. Mir kréien elo eng fënneft Zort, déi Chargés de cours, déi e Contrat à durée indéterminée kréien am Statut vum Employé de l'Etat an dem Pool zweet Versioun.

Domat mussen elo d'Gemengepäpp a -mammen eens ginn, fir an deem ganz verwuerelten Dossier sech erëmzefannen. Ech wënschen hinne vill Freed, well Klorheet gëtt mat deem Gesetz net geschafen. Duerchenaner, Onklarheet, jo!

Da muss ee soen, dass an den Aarbechtsvertrag, déi geschriwwen gi sinn, souguer op Incitatioun vum Ministère de l'Education nationale, dra steet, dass déi Leit engagéiert ginn, fir eng Tâche am Enseignement ze halen. Et gëtt souguer gesot, wéivill Stonnen - eng voll Tâche meeschtens oder en Temps partiel - se solle maachen.

Deen Abléck, wou een deem Objet wëllt änneren, kann dat nure geschéie mat dem Accord selwer vun dem Employé. Wann deem net dermat d'accord ass, bleift der Gemeng näischt anescht iwwreg, wéi en ze entloossen, natierlech à charge de dommages et intérêts a mat verschiddene Schwierigkeiten.

Et huet mech gewonnen, dass dann am Gesetzesprojet dra steet, dass all Poste misste vakant erkläert ginn, y inclus déi, wou den Employé privé a sengem Contrat de travail dra stoen huet, dass en eng Tâche d'enseignement huet. Dat geet net, Mme Minister, well déi Persoun geet e Recours bei d'Aarbechtsgeriicht maachen an dat seet, dass am Droit privé nuren e Postë vakant erkläert gëtt, wann den Titulaire démissionnéiert huet oder en entlooss ginn ass. Dir kënnt dach net op eng Kéier d'Gesetzgebung am Secteur privé anescht applizéieren, wann den Employeur eng Gemeng ass.

Dee System ass falsch a mat Sécherheet kommen do Recoursen. Dofir ass déi Léisung, déi hei ugedeit gëtt, keng Léisung. Si werft just Problemer op, mä et ass keng Léisung.

An deemselwechte Kontext ass gesot ginn, dass den Objectif vun dem Projet de loi, deem hei déposiert ginn ass, dee wär, de Chargés de cours eng Sécurité d'emploi accrue ze ginn. Dat ass awer net de Fall. Wann een hinne seet, Dir kritt e Contrat à durée indéterminée, mä wann eng Vacance de poste geschafe gëtt, kënnt dir entlooss ginn, wann e Brevetéierte sech mell: Do huet dee Chargé de cours keng Sécurité de l'emploi. Den Objectif selwer vum Projet de loi ass direkt an de konkreten Dispositionen a Fro gestallt.

Da muss ee wierklech bedauern, dass op Basis vun engem Text vum Ministère de l'Education nationale folgenden Ajout an de Contrat de travail bäigesat gouf. Ech wëll en in texto zitieren, dass d'Leit mierke wat dra steet:

"Durée et nature du travail:

La tâche hebdomadaire comporte une tâche d'enseignement de 26 heures" - oder wat et ass - "et les tâches de surveillance, d'orientation, de concertation et de travaux administratifs définis à l'article 2, sub b, c, d du règlement grand-ducal du 3 mai 1989 fixant les tâches des enseignants."

Déi Leit hunn also e Vertrag, dee ganz prezis deem ass vun iergendengem aneren Enseignant. An Tâches administratives, déi se soss nach kéinte maachen, déi stinn net am Aarbechtsvertrag. Dir kënnt dat awer elo net forcieren an einfach an engem Gesetz en Aarbechtsvertrag, dee besteet, änneren. Wann den Employé net domat d'accord ass, da geschitt guer näischt. Doduerch steet wuel eppes am Projet de loi, mä den Employé wäert mat Sécherheet, wann en iergendwéi vu senger Tâche d'enseignement ewechgeholl gëtt par une décision arbitraire an illégale vum Employeur, dat heescht vun der Gemeng, op d'Aarbechtsgeriicht goen an da kritt en do Recht. Ech verweisen op déi ganz spezifesch Dispositionen vum Artikel 37 iwwert de Contrat de travail.

Dann déi Notioun, déi Neierung vum Pôle national de recrutement. 900 Chargés de cours hu mer am Land. Elo gëtt fir 100 Chargéen e Postë geschafe mat der Méiglechkeet nach e puer kleng Rallongen ze maachen, mä ech ka rechnen a maache wéi ech wëll, bei 900 Chargés de cours, wann der 100 an de Pool kommen, da bleiwen der nach 800, déi net am Pool sinn.

D'Regierung geet also schonn dovun aus, dass de Pôle national e Fiasko gëtt. A mat Sécherheet gëtt et e Fiasko, grad ewéi et e Fiasko ginn ass vun deem Pool, deem 1991 geschafe ginn ass. Wat hu mer do gesinn? Do wore 70

Plaze geschafe ginn. Wann ech richteg informéiert sinn - d'Mme Minister ka mer dat soen -, sinn ablécklech der-vun 30 Postë besat.

D'Regierung hätt ganz gutt scho kënne soen: Kommt mer kucken elo fir dee Pool vun 1991 e bëssen opze-stocken a mir wieren elo schonn op 70. Dat ass awer net geschitt, well kee sech gemellt huet. An 10 Joer nodeem déi Léisung, vun där déi deemoleg Regierung, de Conseil d'Etat an d'Chamber gesot hunn, et wier eng „mesure unique et transitoire“ - eng, déi total verfeelt ass -, maa-che mer déiselwecht Léisung nach eng Kéier an nach eng Kéier wäert se falsch sinn.

Wéi wäert et mam Succès si vun deem Pôle national? Ech huelen un, dass op Basis vun dem Drock, deen op se ausgeübt gëtt, vläicht och op d'Angscht hin hir Plaz ze verléieren, wäerten e puer Chargés de cours do mat-maachen. Mä vill wäerten et der net sinn. Woufir?

Well hei Konditiounen gesat sinn, déi manifestement sech op e groussen Deel vu Chargés de cours net applizéieren. Et gëtt gefrot eng Première. Vill Chargés de cours hu keng Première.

Et gi Chargés de cours, déi maachen zum Beispill nuren Turnen. Firwat muss een dofir onbedéngt eng Première hunn an dann 120 Stonne Cours vun der Formatioun maachen? Wann een eng voll Tâche huet fir nëmmen ze turnen...

### **(Interruption)**

Ech weess, d'Regierung léiert dat Geturn ganz gutt, mä et ass awer net doduerch, wou d'Resultater da gutt ginn.

Mä dat wat een och muss festhalen, dat ass, dass eng voll Tâche gefuerdert ass. Or, e gudden Deel vun de Chargés de cours wëllt keng voll Tâche, sondern eng Deelzäit-tâche oder eng hallef Tâche. Déi sinn also och exclus vum System.

Da muss ee sech och d'Fro stellen, ob et net irrsënneg ass vun engem Employé communal, deen de Statut vun engem Employé communal huet oder vun engem Employé privé au service de la commune, mat engem Contrat de travail à durée indéterminée, fir de Patron ze wiesselen, Employé de l'Etat ze ginn a fir dann net an enger Gemeng Schoul ze halen, mä quiesch uechter d'Land geschéckt ze ginn, fir temporaire Tâchen ze iwwerhuelen, anstatt eng eenzeg Klass ze hunn a sech ëm déi ze këmmern.

Ech hunn d'Impressioun, dass de Succès net ganz grouss wäert sinn, à moins dass ganz fermes Drock politescher Natur op déi Leit gemaach gëtt, wou ech nach net weess, wéi wäit de Succès wäert féieren.

Da muss een och soen, dass an der Gesetzgebung fest-gehalte gëtt, dass d'Chargés de cours nëmme kënne

rekrutéiert ginn, nodeem déi drëtt oder véiert Ausschrei-wung vu Posten an de Gemenge geschitt ass. Dat wäert dozou féieren, dass just déi, déi am beschten hätten et relativ fréi ze wëssen, ob se nach Chargé de cours an enger Gemeng sinn, déi mannsten Zäit hu fir hir Coursen ze preparéieren.

Ech wëll just nëmmen de Problem opwerfen, deen dat mat sech zitt, well et si jo keng diploméiert Leit a just déi kréien den Abléck déi Klassen, déi oft ganz schwierig sinn, ouni dass se Zäit hunn, fir sech uerdentlech ze preparéieren. Ech mengen, dat ass e praktesche Problem, dee ganz vill Negatives an de Gemenge ka mat sech zéien.

Zweetens muss ee sech wonneren, dass eng Première exigéiert ginn ass fir de Préscolaire a fir de Primaire, mä wann ee wëllt Chargé de cours ginn am Postprimaire, do brauch ee keng Première. Wou do d'Logik ass, verstinn ech net onbedéngt. Dat verstinn och verschidde Chargés de cours net. Ech wëll just nëmmen op déi Inkonzistenz hei hiweisen an ech wëll d'Mme Ministerin froen, ob se dann och wëllt d'Première froe fir déi, déi an de Post-primaire ginn, well am Prinzip missten déi jo éischer eng Première hu wéi déi, déi am Préscolaire oder am Primaire sinn. Do schéngt mer iergendeppes net ganz richteg ze sinn.

Ech erënneren un eng Question parlementaire vum ho-norablen Här Halsdorf, deen 1997 verschidde Statistiken aus dem Secondaire gefrot hat, an do huet ee gesinn, dass eppes klenges manner wéi 10% vun de Chargés de cours am Postprimaire keng Première hunn.

Déi aner Saach, déi ee muss gesinn, ass, dass d'Organi-sation du travail net regléiert ass. D'Chargés de cours musse Coursen halen, mä si dierfen net un der Organi-sation scolaire deelhuelen, emol net un der Organisation du travail. Si hu keng Méiglechkeet, fir do iergendwéi anzegräifen. Et gëtt just gesot, maacht Dir Är Aarbecht. Or, si hunn awer déiselwecht Responsabilitéit vis-à-vis vun de Kanner wéi déi normal Enseignanten. Si kommen awer net an den Dialog mat eran, si ginn exkluéiert. Dat ass reng vum Intérêt fir d'Kanner falsch. Dat ass vläicht ge-werkschaftlech richteg, mä am Intérêt vun de Kanner an engem gudden Enseignement ass et op jiddfer Fall falsch.

Et muss een och soen, dass se zum Beispill bei der Elektioun vun engem Représentant, vun engem Délégué des enseignants dierfen dobäi sinn, mä si dierfen net matwien a si dierfen net gewielt ginn. Och dat fannen ech schlecht, well si gehéieren awer all zesummen zum Enseignement. Elo muss ee sech d'Fro stellen, ob een net fir déi Leit do e separaten Delegéierte wíelt, fir dass weéneegstens een do ass, deen an hirem Numm iwwert

hir Problemer schwätzt a vis-à-vis vun der Gemeng als Patron kann agéieren, well wann ee mengt, dass dat iwwert d'Délégués syndicaux geet, dat geet net. Och dee Problem ass net geléist, well si déi eenzeg Employés privés sinn hei am Land, déi keng Gewerkschaftsdelegéierten hunn a keng Gewerkschaftsdelegéierten däerfe wielen, well se weder dat aktiivt nach dat passivt Wahlrecht hunn.

Dee Problem wor 1991 opgeworf ginn. Déi deemoleg Regierung hat gesot, si géing e rapid léisen. 10 Joer duerno ass de Problem net geléist, emol net ugepakt. Déi Leit hunn also guer kee Moyer, sauf iwwert d'Voie détournée, dass op eng Kéier en Employé privé sech beim FNCTFEL muss représentéiere loossen, fir iwwerhaupt nach kënne seng Fuerderunge virzebréngen. Dat ass eppes, wat net richtig ass, wou esouguer eng deelweis Contrariété d'intérêt kann entstoën, well dat eent ass en Délégué vun de Fonctionnaires an e soll Employés privés verteidegen. Ech gesinn, dass dat heiansdo zu Konfliktsituatiounen féiere kann. Ech wëll de Problem nuren opwerfen, mä en ass reell an et gesäit een och, dass e gudde Deel vu Chargés de cours net bereet ass an déi Kar ze goen a sech vu verschiddenen Aktiounen distanzéieren.

Dat wëllt awer net heeschen, dass do keng gutt gewerkschaftlech Aarbecht gemaach gëtt, mä och nëmme vis-à-vis vun engem Deel vun Enseignanten. Mir hätte gär, dass déi Employés privés au service de la commune, net nuren déi, déi Chargés de cours sinn, mä och d'Employés privés au service de l'Etat, well déi hunn nämlech och keng Délégués syndicaux zegutt, dass déi Dausende vu Leit och d'Recht kréie fir Delegéierten ze wielen an d'aktiivt an d'passivt Wahlrecht fir Delegatiounswahle kréien.

Et kann net esou sinn, dass mer Bierger zweeter Klass hunn, wat d'Employés privés ugeet, wann ee fir Stat oder Gemeng schafft. Dat ass antikonstitutionell. Dat verstéisst géint all elementar Rechtsprinzipien a mir wëllen eis formellement distanzéieren a bedauern, dass d'Regierung net am entferntesten dru geduecht huet, dee Problem bei dëser Geleeënheet ze léisen. D'Chargés de cours, d'Employés privés au service de la commune et de l'Etat solle schaffen an de Mond halen, mä Rechter hu se keng.

D'Propositionen, déi den ADR bei Geleeënheet vun der Aktualitéitsdebatt virbruecht hat, bleiwen nach ëmmer aktuell. Mir sinn der Meenung, dass musse verschidde Saache kloer gesot ginn, an ech wëllt déi nach eng Kéier soen, déi ech bei där Geleeënheet virbruecht hat.

Wann ee wëllt eng Léisung sichen, da muss een eng global Léisung ustriewen an da muss ee verschidde Prinzipien zrëckbehalen.

1. Bei der Astellung vu Léierpersonal an onse Schoule mussen déi diploméiert Schoulmeeschter de Virrang

vun der Besetzung bei enger fräier Plaz hunn a behalen.

2. Aarbechtsrechtlech Diskriminéierung vis-à-vis vun de Chargés de cours musse verschwannen. Et däerfe keng zwou Zorte vun Employéë ginn.
3. Et muss een deene Chargéen, déi et kënnen an déi et wëllen, de Wee opmaachen, fir diploméierte Schoulmeeschter ze ginn, duerch d'Unerkennung vun hiren Acquis professionnels, duerch d'Offer vun enger Formation an duerch d'Méiglechkeet sech dem Examen-concours fir de Beruff vum Schoulmeeschter ze stellen.
4. Duerch d'Unerkennung vun der Autonomie communale an dem Verantwortungsgefill vun eise Gemengen.

Ech hunn hei schonn e puer Saachen erkläert an ech wëll nach eng Kéier drop hiweisen, dass wann een op de Wee geet vum Statut vum Employé privé a wann een an den Aarbechtsvertrag drasetzt, dass déi Persoun, déi engagéiert gëtt am Statut vum Employé privé, kann entlooss ginn. Wann en Enseignant sech fir e Poste meldt, da kann eng Vakanz erkläert ginn an et kann och eng Entloossung gemäss dem Aarbechtsrecht an dem Contrat de travail gemaach ginn. Mä et muss am Aarbechtsvertrag dra stoen. Or, dat steet an allen augenblécklechen Aarbechtsvertrag net dran. Ech wëll just nure soen, eng Léisung ass iwwert dee Wee méiglech an dann huet d'Gemeng d'Méiglechkeet e Chargé de cours zweemol op ee Joer ze engagéieren. Duerno mécht en e Contrat à durée déterminée op fënnf Joer. Wann de Chargé de 15. Juli entlooss gëtt, da kënnt dat de 15. September mam Préavis vun zwee Méint a Kraaft trieden an da kann deen neien Enseignant ufänken.

Bien entendu gëtt et e Problem fir déi Leit, déi méi wéi fënnf Joer bei engem Patron sinn, mä ech mengen, déi Situatioun misst deen Abléck d'Gemeng berengegen an ech gleewen net, dass se virkënnt. Mä dat do schéngt ons déi richtig ze sinn.

Mme Minister, ech gleewen éischter, dass déi grouss Gemenge kënnen e Pool bilden an dass déi klenger Gemenge sech kënnen zesummen dinn. Dat huet den Avantage, dass dee Chargé de cours, dee sech meldt, op spezifesch Gebitter en connaissance de cause agesat ka ginn, do wou et noutwendeg ass, a wa sech iergendwéi en Enseignant diplômé géif mellen, da kann en an enger anerer Gemeng nees ënner Daach bruecht ginn. E weess wouhinne, en huet ganz spezifesch a ganz orientéiert Donnéeën.

Dat Zweet, dat ons wichteg schéngt, ass déi Iddi vun den Acquis professionnels nees ze revaloriséieren. Mir liesen, dass et europäesch Recommandatiounen gëtt, dass esou-

guer eng europäesch Direktiv seet, dass d'Acquis professionnels am Enseignement a fir d'Obtentioun vun engem Titel sollen zielen. Dat gëllt fir d'Première ze kréien, dat gëllt och am Frankräich fir den Diplom vum Schoulmeeschter, fir de Jurist a vu ganz villen anere Beruffer. Wat bedeit dat?

Dat bedeit zum Beispill, wann een dat mat dräi Joer ISERP vergläicht, dass e Chargé de cours, deen eng voll Tâche huet a voll enseignéiert während zwee Joer, ee Joer am ISERP guttgeschriwwen kritt. Wann e sechs Joer enseignéiert, da kritt en déi Jore vum ISERP guttgeschriwwen, mä e muss sech natierlech herno dem Examen-concours stellen, ënnert deeneselwechte Bedéngunge wéi alleguer déi aner Schoulmeeschter, an da packt en deen Examen oder e packt en net, an e packt e mat där Ranguerdnung a mat deene Punkten, déi en iergendwéi kënne situéieren.

Dat ass e Wee, deen europawäit agaange gëtt, an ech bedauern, datt d'Regierung dee Wee net zrëckbehalen huet, well deen Abléck évitéiert gi wier, dass een zweeërlee Forme vun Enseignanten huet, voire Parallele schaaft. Hei geet et drëm fir déi Léit eng Léisung ze fannen, déi wëlle full-time oder half-time an den Enseignement eragoen, dass se Enseignante si mat deeneselwechte Rechter a Flichte wéi alleguer déi Enseignanten, déi den ISERP gemaach hunn. Datselwecht gëllt jo och fir déi, déi den ISERP net gemaach hunn, mä déi aus dem Ausland kommen. Och déi sollen en Examen-concours maachen.

Mir mengen, dass iwwert d'Acquis professionnels och kënnt eng Léisung gesicht ginn. Et kënnt een an där Rubrik och nach Léisungen an Integratiounen virgesinn, fir d'Pédagogues de formation, d'Educateurs gradués, déi och missten iergendwéi iwwert dee Wee do kënnen an den Enseignement erakommen, wa s'et wëllen a wa se den Examen packen.

Da muss ech mech wonneren iwwert dat, wat d'Mme Rapportrice hei gesot huet, wat d'Formation continue ugeet. Dat ass, dass gesot ginn ass, dass een net kënnt engem Chargé de cours, deen en Aarbechtsvertrag hätt, eng Formation continue imposéieren. Well wéi kënnt soss de Secteur privé schaffen, wann een am Secteur privé dat net wëllt maachen?

Et ass esou, dass d'Formation continue natierlech vum Patron muss ugebuede ginn, mä et ass um Employé seng Responsabilitéiten ze huelen. Et ass ganz kloer, dass wann en iwwer eng gewëssen Zäit déi Formation continue net mécht, dann ass en net méi apte au poste an da kann de Patron, wann e wëllt, en entloossen.

D'Mme Rapportrice hat gesot, dass dat dem Aarbechtsrecht no net méiglech wier. Ech wëll just nure soen, dass

et an onsen Ae méiglech ass an dass dat de Moyen ass, deen ee kann uféieren. Ech hoffen, dass et net dozou kënnt, well ech weess, dass just bei de Chargés de cours eng ganz grouss Ouverture ass fir Heures de formation continue ze maachen. Wat mech just e bësse wonnert, dat ass, dass 120 Stonne virgesi si fir si an 180 fir d'Schoulmeeschteren, mä et sief.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dee Projet de loi, dee mer virleien hunn, ass net entstanen am Dialog. E léist d'Problemer net, e werft der vill op, e werft duerchenaner, an et gesäit een, dass héchstwahrscheinlech bal all Buergermeeschter wäert à tout moment am Ministère uruffen oder beim Inspekter oder soss iergendwou am Intérieur uruffen, fir ze kucken, wéi handelen ech dann elo bei deem Problem.

Ech gesinn, dass de Schoulschäfte vun der Stad Lëtzebuerg och schonn e bësse bleech gëtt am Gesiicht, wann e gesäit, mat wat fir enger Wull e sech herno muss erëmklappen. Ech weess, et ass eng schwéier Tâche, mä wann Der dëst Gesetz stëmmt, gëtt et op jidde Fall net méi licht, mä méi schwéier. An Dir wäert lech och héchstwahrscheinlech op en etlech Prozesser kënne preparéieren.

Déi eenzeg a gutt Saach, Mme Minister, déi dës Chamber ka maachen, dat ass, dass Dir, Mme Ministerin, de Projet de loi zrëckzitt an nach eng Kéier an d'Kommissioun gitt. Wann Der dat net maacht, stëmmt den ADR géint dëse schlechten an exécrablen Text.

**M. le Président.** - Als nächste Riedner ass den Här Robert Garcia agedroen. Den Här Garcia huet d'Wuert.

**M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Altlastekadaster vun deene virechte Regierungen ass zimlech onerschöpflech. All puer Méint triede mer hei op a mir schwätzen iwwer Bauprojekte vun deene Regierungen virdrun. E puermol am Joer stëmme mer Schoulbauprojeten, déi schonn hätte kënne virun zéng Joer gestëmmt ginn.

Haut de Moie stëmme mer hei Ännerungen a Schoulstrukturen, déi och schonn erkannt gi si viru Joren an déi och schonn hätte kënnen an d'Wee geleet ginn.

Elo si mer esou wäit, dass mer och nach an zügliche Periode mussen ufänken d'Schoulacteuren um Terrain versichen ze redefinéieren, ze reklasséieren, ze regulariséieren asw.

Säit Jorzéngten hu mer zu Lëtzebuerg gravéierend Defiziter an der Planifikatioun, an der Schoul am Besonneschen, awer och am Allgemengen.

Säitdeem ech an der Chamber sinn, hunn ech mech ëmmer gefrot, wéi et méiglech ass, dass e fréiere Wirtschaftsminister eemol d'Joer hei mat geschwellter Broscht op



d'Tribün komm ass a vun 8.000, 9.000, 12.000 neien Aarbechtsplaze geschwat huet, déi net alleguer vu Frontaliere besat si ginn, mä och vun Immigranten, an dass et parallel net méiglech war studéieren ze loossen, wat dat géif bedeuten, am Wunnengsbau, an de Schoulinfrastrukturen, an de Sozialinfrastrukturen, an dass mer ëmmer erëm eréischt a posteriori mat deene Folgekäschte vun där demographescher an ekonomescher Entwécklung ze dinn hunn.

Mir hu virdrun driwwer geschwat dass et schwéier ass esou Viraussoen ze maachen, mä opgrond vun enger wirtschaftlecher Dynamik misst et awer zumindest minimal méiglech sinn, esou Prévisiounen mat anzebannen.

Mir hunn et gëschter misse feststellen, dass esouguer de Premier Minister et net fäerdeg bréngt, no engem Joer, och emol nëmmen d'Fröstellung vun enger Zukunfts- etüd kënnen ze benennen oder zu Pabeier ze bréngen. Hie muss d'Chamber opfuere, dass mir him Propositionen ze maachen hunn, fir ze studéiere wat dann iwwerhaupt ze studéieren ass, ier een iwwerhaupt zu enger Etüd kënnt, an op eemol ass déi Legislaturperiod hei eriwuer.

Dofir kënnt et dann ëmmer erëm zu Lëtzebuerg, dass d'Décisionen op déi nächst Legislaturperiod verschobe ginn, oder et gi kuerz virun de Wahle Mesures sociales uniques geholl fir d'Gemiddler ze berouegen a fir och e gewëssen Deel vum Elektorat hannert sech ze bréngen, an duerno geet dann de Laissez-faire monter weider. An deem Fall hei vun de Chargés de cours ass dat net anescht wéi an anere Fäll.

D'Affer vun esou enger feelender Wäitsicht hu mer elo hei virun eis. Et sinn éischters d'Chargés de cours, déi - dat kann een natierlech soen - sech hätte missen denken, dass hir Positioun zimlech fragile ass. Mä wann ech drun erënneren, dass virun zwee, dräi Joer Aussoen hei gemaach gi si vum Premier, vun anere Ministeren, déi gesot hunn: Mir brauchen esouvill dausend nei Enseignantë bis d'Joer 2010 a 50% vun den Abiturienten an Abiturientinnen mussen an den Enseignement goen, wou et jo kloer ass, dass dat ni de Fall wäert sinn.

Do versteet een och, dass déi Chargés de cours, déi jo gemierkt hunn, dass se während dräi, während fënnef, esouguer während zéng Joer gebraucht si ginn, sech konnte reell Hoffnungen maachen, dass hiert Statut géif regulariséiert ginn. Dat hu se natierlech versicht an enger konzentréierter Aktioun ze maachen, soit andeem se gesetzlech Moosnamen ageklot hunn, soit dass se dat tout simplement iwwer Gerichtsuerdeeler ageklot hunn.

D'Affer vun där feelender Wäitsicht sinn natierlech och déi brevetéiert Enseignanteën an Enseignanten am En-

seignement, well déi fille sech natierlech och, mat Recht, veräppelt. Déi hu fir d'éischt missen eng Formatioun maachen, wou den Accès scho limitéiert war duerch eng héich Moyenne zum Deel. Si hunn eng Formatioun vun dräi Joer gemaach a si fannen natierlech, mat engem gewëssene subjektive Bléck awer, deen net falsch ass, dass hir Professioune duerch dee wuessenden Undeel vun net brevetéiertem Personal bradéiert gëtt.

Déi Léséiert vun där Entwécklung sinn awer och déi verhënnert Léierinnen a Schoulmeeschter, well ech muss drun erënneren, dass mir ganz Generatiounen vu Studenten a Studentinnen hunn, déi wäer gär Léierin oder Schoulmeeschter ginn, mä si konnten et einfach net gi wéinst engem Hindernis, deen näischt mat hirer Aptitude pédagogique ze dinn hat, mä einfach wéinst hirer Punktemoyenne. Dofir sinn natierlech eng Partie Leit, déi sech et aus familiären oder private Grënn konnten erlaben, an d'Belsch oder an aner Länner gaang fir dat nozehuelen, a se sinn dunno iwwert en Ëmwee erakomm. Anerer hunn an anere Secteure geschafft an déi hunn elo missen nokucken, wéi si vläicht an engem anere Secteur schaffen, an hiren „Dramberuff“ - tèsche Guillemets - gëtt elo vun anere Chargés geholl, si awer hätte kënne genausou gutt déi Formatioun maachen.

Déi lescht Kategorie vun deene Léséierten ass d'allgemeng Qualitéit vun der Schoul. Mir hu festgestallt - den Här Zanussi huet dat Ganz mat Recht rappeléiert -, dass déi Länner, déi am PISA-Test erfollegräich waren an déi wahrscheinlech och an aneren Tester erfollegräich wäeren, déi sinn, déi der Formatioun vun hiren Enseignanten héije Stelleväert araumen. Ech mengen, mir mussen all Efforte maachen, fir d'Qualitéit vun der Schoul an de Mëttelpunkt vu Mesuren ze stellen, déi och vläicht eng sozial Komponent mussen hunn, wéi dës Mesure.

Fir déi Responsabel ze mellen ass et nach méi kuerz, well d'Responsabel sinn einfach déi verschidde Regierungen virdrun. Et kann och kee soen, en hätt näischt vun der Entwécklung gewosst. Wann ee géif emol verschidden Debatte vun de leschten zéng Joer hei an der Chamber noliessen, do sinn et Vertrieder a Vertriederinnen vun alle Parteien, déi ëmmer erëm de Problem opgeworf hunn. Ënner anere och den Här Berger an där leschter Legislaturperiod huet heiansdo drun erënnert, an en ass ëmmer erëm vun de Responsabelen verträtscht ginn, dass dee Problem sech iergendwann eng Kéier vum selwe géif léisen.

Elo muss déi aktuell Educationministerin dann an de saueren Apel bäissen. Ech muss awer och soen, dass se huet e puer Mol missen invitéiert ginn, zesumme mat hirem Kolleg vum Intérieur an dee saueren Apel ze bäissen, an esouguer den ieweschte Chef huet eng

Kéier missen op d'Tromm schloen, fir dass do e bësse Bewegung soll an déi Problematik kommen.

Et kann een elo zwou grondsätzlech philosophesch Approchen zu där Thematik hunn. Egal wéi ee Gesetzestext een hei elo presentéiert hätt, et ass am Endeffekt onméiglech, fir all Mënsch zu 100% befridgend ze sinn. Entweder et gräift een zu der Philosophie vun enger Sozialmesure. Et mécht een also erëm eng Kéier eng *Mesure unique à la luxembourgeoise* an et hofft een, dass duerno alles besser geet, an et huet een herno säi Maria-Teresa-..., pardon: säi Mutter-Teresa-Gewësse berouegt.

### **(Hilarité)**

Oder et hëlt ee méi laangfristeg *Mesurë* fir d'Qualitéit vun der Schoul ze garantéieren, an do si leider de Moment - an dat hu mer jo och scho gemierkt, wéi mer wollten op d'Formation en cours d'emploi hiweisen - d'Voraussetzungen an deem Land net grad gönschteg.

Dëse *Projet de loi* ass also eng Zort Spagat zwëschent deene Sozialmesuren an deene *Mesurë* fir d'Qualitéit vum Lëtzebuerger Enseignement dauerhaft ze verbesseren. Ech muss soen, ech beneide kee Minister a keng Ministesch fir d'Kar hei vun der Vergaangenheet aus dem Dreck ze zéien. Och déi interesséiert Syndikater vun alle Richtungen müssen unerkennen, dass et aus hirer subjektiver Siicht vläicht ganz einfach Léisunge fir esou ee Problem gëtt, mä wann een dat méi vu banne gesäit, da gesäit een, dass alles e bësse méi komplizéiert ass.

Ech mengen awer, an dat ass eis Positioun, dass den Haaptobjektiv, esouguer nach virun alle soziale Mesuren, dee muss si vun der maximaler Verbesserung vun der Schoul an dat muss och esou wäit wéi méiglech an deem Gesetz erreecht ginn.

Dofir kommen ech dann elo kuerz zu dem Inhalt vun deem Gesetz ze schwätzen. Awer och nëmme ganz kuerz, well déi meescht Saache sinn hei scho mindestens dräimol gesot ginn. Et huet misse relativ rapid *légiféréiert* ginn an d'Ministesch huet selwer der Kommissioun gesot, dass dat Gesetz alles anescht wéi perfekt ass. Déi éischt Versioun hat jo och e puer Hicken, mä et muss een unerkennen, dass awer an der kierzester Zäit eng ganz interessant Aarbecht an deem Kader vun deem schwieere Spagat geleescht ginn ass, och vun de Vertrieder vum Ministère a vun der Ministesch selwer. Dat muss een, bei aller Kritik, déi ee kann hei äusseren, unerkennen. An aneren Dossieren ass dat vill méi lues virugaang.

No dem Avis vum Conseil d'Etat hätt ee jo och kënne mengen, dass trotz allem Zähneknirschen, wat ëmmer bleift, dat grousst Haule géif ausbleiwen. Dat huet sech awer net bewahrheitet. Ech hunn déi lescht Entrevue mat deene Concernéierten - déi Entrevue huet dräi Stonne

gedauert - eigentlech genau d'selwecht interpretéiert wéi den Här Zanussi. Ech hu geduecht, wann een déi Leit extra dräi Stonne komme léisst, dann huet een hinnen d'Hoffnung jo awer gemaach, dass dat nach een Effekt huet. Soss hätt een hinne jo kënne soen: Dir kënnt nach fir d'Galerie e bësse hei potere kommen, mä et gëtt näischt méi un deem Gesetz geännert.

Ech hu vläicht eng aner *Appréhension* gehat, mä ech hunn op alle Fall déiselwecht *Impression* gehat wéi de Kollege Zanussi. Ech hat d'*Impression*, dass bei allen Divergenzen, déi och nach ëmmer bliwwen wäeren an och nach ëmmer bleiwen, zumindest an zwou essentielle Froen hätt kënne e Konsens erreecht ginn. Ech hunn e bësse d'*Impression*, dass d'Mme Ministerin zwar de Biergpräis am Galibier kritt huet bis elo, awer dunn an där leschter *Montée* vun Alpes d'Huez er e bësse den Otem ausgaangen ass an de leschte Sprint vun Dialog gefeelt huet, well soss hätte mer kënne hei vläicht an dräi Wochen, vläicht net am ökomesche Konsens, awer zumindest vläicht mat manner Antagonismen dëse *Projet* stëmmen.

Zwee Problemer goufen nämlech an där Diskussioun opgeworf vun de Syndikater, natierlech aus hirer ënnerschiedlecher Siicht. Déi hunn ech dann och an där Kommissioun duerno, wou den Här Zanussi net konnt do sinn, eng Kéier opgeworf.

Dat éischt war, et soll ee verhënneren, an dat ass och ganz richteg, dass déi *Chargés de cours*, déi opgrond vun de *Geriichtsuerteeler* vun de Gemengen à durée indéterminée als *Employés privés* müssen agestallt ginn - an do ännert näischt drun, ob mir den Artikel 15 oder 16 wechloossen oder bäibehalen, d'*Geriichtsuerteel* ass ee *Geriichtsuerteel* - kënne agestallt ginn, beziehungsweise bäibehal ginn, ouni dass se déi Mindestformatioun vun 120 Stonnen ofleeë müssen.

Ech krut an der Kommissioun dunn awer gesot, dass dat aus aarbechtsrechtleche Grënn net géif goen. Vu dass ech kee Jurist sinn, konnt ech mech natierlech net do wieren. Ech hunn awer och elo hei an der Diskussioun net esou richteg erausfonnt, wat dat dann elo op sech huet domadder.

Ech ka mer net virstellen, dass et aarbechtsrechtlech onméiglech ass, dass en *Employeur* enger Persoun, och wa se jorelaang bei em schafft, net kann eng *Formation continue*, déi en *relation directe* mat hirer Aarbecht steet, imposéieren. Dat kann ech mir einfach net virstellen.

Dofir sinn ech där Meenung, dass déi Ännerung hätt kënne gemaach ginn, an ech hunn dat jo och dee Moment dëschdes moies als *Amendement* erabruucht. Vläicht och mëndlech, well et net méi Zäit war, fir dat

schrëftlech ze maachen. Dat ass awer vun der Majoritéit ofgelehnt ginn.

Deen zweete Punkt war dat, fir dass déi Chargéen, déi elo an enger Gemeng tätég waren, deenen hir Plaz awer eben elo op eemol vun engem Brevetéierten occupéiert gëtt, dass déi esou am fräie Raum schwiewen. Et kéint esouguer eng grotesk Situatioun kommen, dass se an där Gemeng x, wou se virdru waren, keng Plaz méi kréien, an dann op eemol an der Gemeng y zwielef Kilometer ewech fënnt de Gemengerot keen Enseignant oder kee Chargé méi an da stellt en en neie Chargé an. Mir wëlle jo wirklech verhënneren, dass nei Chargéen, nieft deenen, déi schonn do sinn, agestallt ginn, à moins dass d'Besoinen explodéieren, wéi an de leschten zéng Joer.

Dofir war déi Proposition, déi och vun der FNC gemaach ginn ass, fir eng sechst Kategorie an den Artikel 9 ze bréngen. Déi huet eis vernünfteg erschénkt a mir hunn déi dann och an engem mëndlechen Amendement era-bruecht. Deen ass dunn natierlech och ofgelehnt ginn.

Wéi gesot, déi zwee Amendementer, déi mir deemools schrëftlech ofginn hunn, decke sech inhaltlech ganz 100%eg - et ass vläicht e bësse Speck a Schwéngfleesch - mat deem, wat den Här Zanussi hei schrëftlech eraginn huet, well effektiv, ob een deen Artikel 16 elo bäibehält oder net, d'Gerichtsuerteeler duerfir net ausser Kraaft gesat ginn. Duerfir kënne mir deen Amendement vum Kollege Zanussi och stëmmen a mir maachen och de Succès vun deem Amendement ofhängeg vun eisem Vote bei dësem Gesetz.

Ech wëll zum Schluss dann awer och nach zwou méi fundamental Iwwerleeunge maachen iwwert den Ausbléck vun deenen nächsten zéng, 20 Joer, well et ass jo vun alle Säiten hei gesot ginn, dass dat hei sécherlech net déi leschte Kéier ass, dass mer iwwert d'Problematik „Chargés de cours“ schwätzen.

Ech wëll e Problem uschwätzen, deen haut nach guer net ugeschwat ginn ass an dee bis elo eigentlech eréischt vun zwou Parteien iwwerhaapt thematiséiert ginn ass - ech menge vun der CSV a vun deene Gréngen nämlech -, dee vun der kommunaler Responsabilitéit iwwert de Personnel enseignant an de Gemengen.

Et kann een eis jo sécher net virwerfen, dass mir wëlle vill Kompetenze vun de Gemengen op de Stat verlageren, éischter am Géigendeel. Mä et muss een awer kucken, wéi eng sënnavoll Kompetenzen an d'Gemege gehéieren a wéi eng net. Hei geet et ëm Personal, dat op nationalem Niveau equivalent ausgebild ass, zumindest dat brevetéiert.

Déi Aufgaben, déi se an deenen ënnerschiddleche Schoulgebaier maachen - déi zwar vläicht vu Gemeng zu Ge-

meng verschidde sinn -, sinn national genau d'selwecht. Et dierf keng aner Schoul gehal ginn zu Knapphouschent wéi zu Diddeleng, dofir ass dat u sech keng immens kommunal Spezifizitéit, deen Unterrecht, deen do an de Primärschoule vir sech geet.

Da muss ee sech froen, bei allem Respekt virun de Gemengeréit - ech war och e puer Joer an engem Gemengerot -, wéi eng fachlech Kompetenz Gemengeréit a Gemengeréitinnen opbréngen, fir kënnen an enger geheimer Ofstëmmung ze entscheeden, ob déi Persoun X oder déi Persoun Y méi géeeegent ass, fir an där Schoul deen Unterrecht, deen national d'selwecht ass, ze halen. D'autant plus dass et dozou féiert, mat all deene Lëschten, dass dat zu enger faraminöser Prozedur gëtt mat ville Sëtzungen an dass, natierlech besonnesch a kleng Gemengen, déi Ofstëmmungen, vu dass se geheim sinn, net ëmmer no qualitative Kritären, mä och ganz oft no noperschaftlechen, familiären oder soss anere Kritäre vir sech geet - fir et diplomatesch auszedrécken.

Dofir hu mir elo keng Géigeléiung, dass mer elo soen: Mir nominéieren d'Enseignant wéi am Postprimaire, op déi eenzel Gebaier, mä zumindest soll ee sech awer emol Gedanke maachen an déi Richtung, éischters fir déi Nominatioun vun den Enseignanten am Primaire op engem nationalen Niveau virzehuelen, eventuell regional opgesplit, dat erméiglecht sech jo och eventuell duerch dat neit Gesetz iwwert den Inspektorat, wat mer jo an nächster Zäit hei wäerten duerchhuelen, an domadder zesummen hänkt natierlech och de Finanzement vun den Enseignanten, deen dann dee Moment natierlech och à charge vum Stat war.

Mir hunn, wéi gesot, keng fäerdeg Léiung, mä mir wäeren awer frou, wa sech nieft deenen zwou zitéierte Parteien och vläicht d'Regierung sech géif doriwwer Gedanke maachen an eventuell der Chamber géif ee Pabeier dozou presentéieren.

Dofir wollt mer eng éischt Motioun an deem Sënn hei déposéieren, Här President.

### Motion 3

#### *La Chambre des Députés*

- *réitérant la nécessité d'un partage raisonnable des tâches entre l'Etat et les communes;*
- *s'interrogeant toutefois si l'affectation de personnel enseignant à l'enseignement préscolaire et primaire devrait vraiment faire partie des compétences d'un conseil communal, ceci compte tenu du caractère national et non spécifiquement communal des tâches de ce personnel enseignant;*

- constatant que la désignation du personnel enseignant par les conseils communaux donne lieu non seulement à des procédures lourdes, mais également à des situations compliquées, notamment au vu des contradictions entre le nouveau pool de remplaçant-e-s et les chargé-e-s de cours pouvant être engagé-e-s comme employé-e-s privé-e-s par les communes;
- soulevant l'idée qu'une affectation des postes d'enseignant-e-s dans l'enseignement préscolaire et primaire pourrait également se faire au niveau national, par exemple par le biais des bureaux régionaux de l'inspection;

invite le Gouvernement

- à étudier le scénario d'une affectation des postes d'enseignant-e-s dans l'enseignement préscolaire et primaire au niveau national, par exemple par le biais des futurs bureaux régionaux de l'inspection.

(s.) Robert Garcia, François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Renée Wagener.

Deen zweete Punkt, deen ech wollt a mengem Ausbléck op d'Zukunft beréieren, ass zwar och schonn hei e puer mol ugeschwat ginn. Ech wëll nach eng Kéier drop hi-goën, well ech mengen, datt do eng aner Kompetenze-verdeelung ass. Dat betrëfft d'Qualificatioun vum Personal.

Ech menge mir mussen, wa mer wëllen d'Qualitéit vum Unterrecht verbessern, en Ausbau vun de Formatiouns-weeër maachen. Mir sinn op enger Stuf, dass mer den ISERP an eng pedagogesch Fachhéichschoul oder eng PH verwandelen, am Kader vun där pedagogescher Fakultéit - oder wéi et och ëmmer heescht - vun der Uni Lëtzebuerg. Mir hunn hei eng Motioun gestëmmt, dass mer d'Formation continue obligatoresch maache fir all Enseignant, dat heescht do muss och eng Offer gemaach ginn.

Mir wëllen, dass dat véiert Joer op där neier Uni Lëtzebuerg genotzt soll ginn, fir entweder Spezialisatioun oder fir weiderféierend Studië vun de Studenten an net fir déi dräi Joer kënschtlech op véier Joer ze verlängeren. Mir wëllen och eng Diversifikatioun vun de Formatiounen, engersäits am ISERP, anerersäits op auslännesche PHen. Dat drëtt, dat ass natierlech déi Deuxième voie de formation oder den zweete Bildungswee.

Well et muss ee soen, datt d'Inexistenz vun där Offer hei zu Lëtzebuerg natierlech och dozou féiert, dass déi eng Kategorie vu Leit, déi ech virun zitéiert hunn, nämlech déi verhënnert Schoulmeeschteren a -léierinnen, net konnten no e puer Joer déi Formatioun nohuelen, besonnesch wa se hu missen hire Liewensënnerhalt verdéngen. Et si jo eigentlech just déi Leit, déi konnten an d'Ausland

goën, déi entweder eng familiär Réckendeckung haten oder déi da Gespuertes op d'Säit geluegt hunn, fir dräi oder véier Joer an d'Ausland ze goën a fir déi Formatioun nozehuelen.

Et mussen awer och eenzel Syndikater sech de Virwurf gefale loossen, dass dee Virschlag, dee scho virun iwwer zéng Joer gemaach ginn ass, fir eventuell esou eng Deuxième voie de formation unzebidden, vun eenzelne Syndikater ofgelehnt ginn ass.

Dofir, mengen ech, geet et awer net duer, dass een ëmmer erëm hei deklaméiert, dass esou eng Voie de formation muss kommen, mä et muss een déi och en oeuvre setzen. Dat ass vun alle Parteien hei gesot ginn.

Ech wëll awer trotzdem drun erënneren, dass d'Mme Brasseur net dofir zoustänneg ass. Et ass nämlech d'Mme Hennicot, déi Ministerin ass fir den Enseignement supérieur.

Ech hunn awer an enger Kommissioun, déi mer haten, wou e bëssen allgemeng geschwat ginn ass iwwer déi zoukünfteg pedagogesch Fakultéit, déi Fro gestallt: Wéi ass et da mat Offere vum zweete Bildungswee am Allgemengen a mat dem zweete Bildungswee fir Schoulmeeschteren a -léierinnen am Besonneschen? Do hunn ech awer misse relativ stupeurs et tremblements do feststellen bei de Verantwortlichen am Ministère an ech hunn e bëssen de Verdacht, wéi wa sech nach net schrecklech Gedanken doriwwer gemaach wär ginn.

Dofir wëll ech awer nach eng Kéier insistéieren, an dofir wëll ech och eng Motioun hei erabréngen, déi da vläicht e bësse méi prezis ass wéi déi vun de Kolleegen, mä ech hunn awer och kee Problem, déi vun de Kolleegen matzedroen, fir dass déi Responsabel - an do handelt et sech och ëm déi Responsabel vum ISERP, well déi mussen an enger Transitiounsphas jo och esou en Ugebot maachen - solle chargéiert ginn, esou séier wéi méiglech esou eng Offer auszeschaffen an unzebidden. Dass dann awer och bei den Aarbechte vun der zukünfteger Uni Lëtzebuerg esou eng Formatioun soll explizit virgesi sinn. Net nëmmen an deem Domän, mä virun allem och an deem Domän vun der Educatioun a vum Travail social.

Ech wollt an deem Sënn eng Motioun hei déposéieren.

#### Motion 4

##### La Chambre des Députés

- insistant sur la nécessité d'une augmentation de la part de personnel enseignant breveté dans l'enseignement préscolaire et primaire;
- constatant qu'un certain nombre de chargé-e-s de cours actuellement en fonction seraient disposé-e-s à



*suivre une formation d'instituteur ou d'institutrice breveté-e à l'ISERP ou dans une école à l'étranger, mais que différentes contraintes personnelles empêchent l'abandon de la profession pour une formation à plein temps;*

- *déplorant le fait que l'ISERP n'est actuellement pas en mesure d'offrir une formation en cours d'emploi pour des personnes occupées professionnellement;*

*invite le Gouvernement*

- *à charger les responsables de l'ISERP à mettre en œuvre le plus rapidement possible un programme de deuxième voie de formation présentant des horaires accessibles aux personnes ne pouvant recourir à la formation initiale normale;*
- *à élaborer, dans le cadre des départements ou facultés de la future Université de Luxembourg, des formules de deuxième voie de formation, notamment pour les professions du domaine de l'éducation et du travail social.*

(s.) Robert Garcia, François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Renée Wagener.

Zum Ofschloss wëll ech nach eng Kéier rappeléieren, dass mir mat ville Saachen an dësem schwierege Gesetz d'accord sinn an dass mir, wann den Amendement vun de sozialistesche Kolleegeen, dee sech jo wäitgehend mat eisem deckt, géif ugeholl ginn, dem Gesetz esouguer kéinten zoustëmmen. Am anere Fall musse mer eis leider enthalten.

Ech soen lech merci.

**Plusieurs voix.-** Très bien.

**M. le Président.-** Als nächste Riedner ass agedroen: den Här Aloyse Bisdorff. Den Här Bisdorff huet d'Wuert.

**M. Aloyse Bisdorff (déi Lénk).-** D'Fuerderungen, Här President, fir d'Regulariséierung vun de Chargés de cours ass eng al Ugeleegenheet. Et hätt kënnen elo zu engem zefriddestellende Resultat kommen am Kader vun dësem Gesetz, wann, wéi gesot, een eng oder zwou kleng Modifikatiounen am Text hätt kënne mat erabrénge. Mir fäerten, dass dat awer elo net geschitt. Dofir ass dat Gesetz net grad den Ufuerderungen entsprechend.

Déi Situatioun vum Mangel vun diploméierte Léierkräften ass entstanen am Laf vun enger laanger Zäit. D'Gemeenge si forcéiert ginn, Chargés de cours anzustellen, well soss de Primärschoulssystem net hätt kënne funktionnéieren.

Wéi grouss de Problem war an ass, gëtt duerch folgend Zuelen ënnermauert; ech huelen déi Zuelen aus dem bloe Bichelchen, dat de Ministère elo kierzlech erausginn huet:

- an dem Préscolaire hu mer 138 Chargés de cours, dat sinn 18% vun der gesamter Zomm vum Léierpersonal;
- am Primaire hu mer der 657, dat maache 27% aus;
- am Spécial sinn et der 42, dat mécht do d'Halschent vun dem Léierpersonal, dat do beschäftegt ass, aus.

Et ass eréischt richtig ugaange fir dës Problem ze léisen, nodeem iwwert d'Aarbechtsrecht verschidde Leit hir Rechter ageklot hunn a fir ze versichen, dass hir Situatioun vis-à-vis vun deene Gemengen, wou se agestallt gi sinn, sollt reguléiert ginn.

Elo wou déi Zuel vun den Diploméierten zouhëlt, gëtt awer och schonn direkt gefaart, si géingen, am Laf vun der Zäit, keng Plaze méi fannen, well dann déi besat wäer vun de reguléierte Chargés de cours.

Ech mengen, déi Angscht, déi ass onbegrennt. Et wäert net an deenen nächste Jore geschéien. Besonnesch wäert et net geschéien, wann dofir gesuergt gëtt, dass keng nei Chargés de cours recrutéiert ginn, mä dass ab enger éischter Linn déijéineg, déi do sinn, als Prioritéit kënnen op déi fräi Poste genannt ginn.

Ech wëll dat och duerch een Amendement, deen ähnlech ass wéi deen, wee vun de sozialistesche Kolleegeen erabuecht ass, awer - hunn ech gesinn - an der Formulierung trotzdeem e bëssen anescht ass, och nach hei ënnermauern.

D'Schoulpopulatioun, déi huet an de leschte fënnef Joer regelméisseg zougeholl, am Primärunterricht ëm 680 pro Joer. Dat sinn, prozentual gesinn, 2,4% pro Joer. Am Préscolaire ass et esouguer nach méi, 462 pro Joer, awer prozentual sinn dat 6%. Dat ass also eng Zounam, déi vill méi grouss ass wéi déi vun der Gesamtbevölkerung.

Et gëtt elo gesot, dass am Primaire 160 nei Leit géingen ausgebild ginn all Joer. Dovu ginn der 70 ofgezielt, déi an d'Pensioun géinge goen. Et wäeren also 90 Persounen zousätzlecht Personal, dat do kënnt agestallt ginn. Bezunn op déi 2.050, déi elo schonn do sinn, maachen dat 4,4% aus. Dommadder géingen déi nei Zougäng, op déi ech elo grad higewisen hunn, opgefaangen, awer theoretesch wäert de Bedarf, fir déi Chargés de cours, déi do sinn, lues a lues ze ersetzen, wa se an d'Pensioun ginn, oder soss aus dem Betrib ewechfalen, nach laang op sech waarde loosse.

Et kann ee schätzen, wann een déi Zuelen do kuckt, dass dee gesamten Austausch sech wäert iwwer 20 Joer hinziehen. Besonnesch wann een och nach bedenkt, dass vun deem brevetéierte Personal der och am Postprimaire sinn. Et ass elo e Prozentsaz vu 7% vun de gesamten am postprimären Unterricht Beschäftegten.

Ech mengen dofir: Déi Iwwerleeungen, déi an déi Richtung ginn, dass eng Gefor géing bestoen, dass Diploméiert keng Ustellung géinge kréien, sinn net begrénnt. Et wäert nach laang daueren, bis dass de Manktum vum diploméierte Personal ofgebaut ass. Dofir mengen ech och net, dass déi Angscht, déi den Avis vum SYVICOL zum Ausdrock bréngt, dass déi Chargéen, déi elo en onbegrenzte Vertrag mat der Gemeng kréien, awer keng Plaz méi hätten an der Schoul, missten an anere Servicer ënnerbruecht ginn. Och déi Gefor ass menger Meenung no kleng.

Eng Onsécherheet awer, wat d'Ausféierung vun dësem Gesetz ubelaangt, déi ass ouni Zweifel an der Prozedur iwwert d'Ernennung op déi fräi oder ausgeschriwwen Posten. D'Wahle fir op déi Poste Personal ze setzen, dat geschitt an de Gemengen an dat si geheim Wahlen. Och wa se do mussen no deene Prioritéiten, déi virgeschriwwen sinn am Artikel 9, vollzu ginn, sou kann ech mer awer net gutt virstellen, well et geheim Wahlen sinn, wann do een an der Prioritéitelëscht ass, awer d'Majoritéit net kritt. Wat geschitt dann an deem Fall? Gëtt dee Posten dann net besat oder, wann e besat gëtt duerch een aneren, deen net d'Prioritéit hat, gëtt dann déi Wahl annulléiert? Kann een dohinner goen, vläicht den Unterrechts- oder den Innenministère, deen déi Wahl do annulléiert oder der Gemeng net dee Posten do bezilt? Ass et och vläicht esou, dass deen, deen de Posten net kritt huet, elo muss virun de Gerichter optrieden an de Gemengerot usichen, well en d'Prioritéitelëscht net agehalen huet?

Ech mengen, déi Prozedur do, wéi elo an de Gemenge gestëmmt gëtt, ass iwwerholl. Déi misst een an iergendenger Form vereinfachen. Et gëtt ënnerhalb vun dräi Kandidaten ee gestëmmt, an da gëtt vun deenen, déi ënnerdrënner sinn an der Lëscht, erëm een eropgestëmmt, da gëtt ënnert deenen dräi erëm ee gestëmmt a sou weider. Dat Hin an Hier féiert dozou, dass op der Gemeng Esch, zum Beispill, dräi voll Gemengerotssätzungen hu missen ofgehalen ginn, fir déi ganz Prozedur do iwwer sech ergoen ze loossen.

Et ass argumentéiert gi vum Här Garcia, dass déi Leit, besonnesch déi diploméiert, en nationalen Diplom hunn, dass se och en nationaalt Programm enseignéieren a sou weider, dass do misst awer vläicht och kënnen eng Bestëmmung sinn, déi déi schwéier Prozedur, déi elo nach an de Gemengen ass, erlichtere kéint, oder dass déi Posten zentral besat solle ginn.

Ech hunn och en Amendement zum Artikel 16 era-bruecht, Här President, well ech mengen, et geet ëm e wichtege Punkt vum Aarbechtsrecht. Et steet do, dass déi Gemengen déi Leit astelle kënnen à durée indéterminée, mä mir mengen, dass d'Aarbechtsrecht net

„ka“ Konditiounen hunn, mä dass d'Aarbechtsrecht muss applizéiert ginn. Dofir si mer och der Meenung, dass déi Leit missten am Fong geholl e Vertrag à durée indéterminée kréien an dass dee Vertrag als Employé communal opgesat misst ginn.

Den zweete Bildungsweg an d'Weiderbildung, och vun allen Enseignanten a vun deene Chargés de cours, déi elo régulariséiert sinn, ass eng weider Fuerderung, déi am Allgemengen acceptéiert gëtt, déi awer an hiren Ausféierungen net kloer erëmfannen ass, och net an dësem Gesetz.

Am Virfeld zu der Diskussioun zu dësem Text ass e Sträitpunkt entstanen tëschent de Gewerkschaften, déi op där enger Säit d'Interesse vun de Chargés de cours vertrueden hunn, op där anerer Säit déi vum diploméierte Léierpersonal. Zum Schluss vun där Ausenanersetzung hätt et sou ausgesinn, dass et zu enger Verständnegung hätt kënnen kommen, besonnesch op der Basis vum Artikel 9, an deen een eng zousätzlech 6. Prioritéit hätt kënnen aféieren. Ech bedauern, dass dat net geschéie konnt, well gesot ginn ass, et wär keng Zäit méi do, et misst elo schnell goen, mä ech sinn der Meenung, et hätt een et och nach virun der grousser Vakanz kënnen hei duerch d'Chamber bréngen. Well dat awer lo net de Fall ass, muss ech meng Haltung deem upassen, wat och elo hei vun de Vertrieder vun der grénge Fraktioun gesot ginn ass. Wann deen Artikel sou modifizéiert géif ginn, wéi ech oder d'sozialistesche Kollege virschoen, da kéinte mer ouni Weideres dee Gesetzesprojet do stëmmen - soss net. Dat deet mir besonnesch Leed, well et dee leschte Gesetzesprojet ass, iwwert deen ech nach hei wäert kënnen ofstëmmen.

## Amendement 2

### Article 9

*A l'alinéa 5 est ajouté le point 6 ainsi formulé:*

*„6) Les chargés de cours admissibles à la formation en cours d'emploi, en fonction de leur ancienneté de service.“*

### Article 16 (ancien article 15)

*L'article 16 est ainsi formulé:*

*„Par dérogation aux dispositions de l'article 41 de la loi modifiée du 10 août 1912 concernant l'organisation de l'enseignement primaire, les conseils communaux doivent, dans le délai d'un an à partir de l'entrée en vigueur de la présente loi, engager pour une durée indéterminée et sous le statut de l'employé communal, les chargés de cours qui ont été en service depuis au moins trois ans durant les cinq dernières années. Les chargés de cours engagés par les communes conformément aux dispositions ci-dessus ne peuvent être chargés de remplacements*

*dans l'éducation préscolaire ou dans l'enseignement primaire que dans le respect des dispositions de l'article 9."*

(s.) Aloyse Bisdorff.

Dofir, Här President, froen ech lech, dass ech nach e puer Minutten an eegener Saach kéint kréien.

Haut ass et fir d'lescht, dass ech op dëser Tribün stinn. Et ass bekannt, dass déi Lénk de Rotatiounsprinzip applizéieren. Doriwwer eraus ginn ech op meng 70 Joer hin, sou dass de Schrëtt, fir aus dësem Gremium zrëckzetrieden, ubruecht ass. Ech wëll dat fir d'Enn vun dësem Mount maachen. Dofir kritt Der d'nächst Woch e Brëif vu mir an dësem Sënn.

Ech wëll dës Tribün, Här President, awer net verloossen, ier ech lech merci gesot hunn fir déi Aart a Weis, wéi Der d'Debatten an dësem Gremium gefouert hutt - an ech hoffen, an Zukunft och nach féiere wäert -, och besonnesch vis-à-vis vu mir, wou Der net pingeleg, pedantesch waart, wat déi beschränkt Riedezäit ubelaangt, déi ech als eenzelnen Deputéierten nëmmen zegutt hat. Är flexibel a verstänneg, oft humorvoll Féierung vun den Debatten huet d'demokratesch Diskussioun ëmmer favoriséiert an och d'Recht vum Deputéierten, hei op der Tribün seng Meenung ze soen, zum Ausdrock bruecht.

Ech denken, dass Der déi nämlecht Haltung och vis-à-vis vu mengem Nofolger wäert hunn. De Kollege vum Plenum bestätegen ech, dass trotz prinzipieller Meenungsverschiedenheeten d'Debatten ni a perséinlech Animositéit oder Verunglimpfungen ausgeart sinn. Jidderengem wënschen ech, dass déi Hoffnungen, déi e bei sech selwer dréit, wat déi nächst Wahlen ubelaangt, an Erfëllung ginn. Zum Schluss wëll ech och mäi Luef un d'Chamberpersonal riichten, wat de Wësch vun den Deputéierten ëmmer opgeschloss war an disponibel war, fir hinne bei hirer Aarbecht ze hëllefen.

Voilà, dat war et, Här President.

**(Applaudissements)**

## 5. Paroles d'adieu à M. le Député Aloyse Bisdorff

**M. le Président.-** Léiwe Kollege Aloyse Bisdorff, mir sinn natierlech alleguerten traureg, dass Der eis verloosst, well Der hutt an där Zäit, wou Der hei an der Chamber waart op der Oppositiousbänk, eng gutt Aarbecht geleescht. Dir hutt bal zu all Projet geschwat, an ëmmer e wäertvolle Beitrag zu eisen Debatte geleescht. Ech mengen, datt mir lech dat alleguerten héich urechnen, an esou e gudder Souvenir vun Ärem Passage hei an der Chamber behalen.

Ech sinn iwwerzeegt, datt der Ären Nofolger gutt virbereet hutt, well en och un lech jugéiert gött. Mir wënschen

lech elo méi eng roueg Zäit a virun allem och all Guddes fir d'Zukunft.

Villmools merci!

**(Applaudissements)**

Mir fueren da weider mat eisem Ordre du jour. D'Wuert kritt elo d'Mme Erziehungsminister Anne Brasseur.

## 6. Projet de loi 4893 portant

1. fixation des modalités d'une formation offerte aux chargés de l'éducation préscolaire ou de l'enseignement primaire;
2. création et organisation d'une réserve de suppléants pour l'éducation préscolaire et l'enseignement primaire;
3. ajout d'un alinéa 2 à l'article 4 de la loi modifiée du 24 mai 1989 sur le contrat de travail;
4. modification des articles 30 et 41 de la loi du 10 août 1912 concernant l'organisation de l'enseignement primaire;
5. abrogation de l'article 16 de la loi modifiée du 5 juillet 1991 portant:
  - a) fixation des modalités d'une formation préparant transitoirement à la fonction d'instituteur;
  - b) fixation des modalités d'une formation préparant transitoirement au certificat de qualification de chargé de direction;
  - c) création d'un pool de remplaçants pour l'éducation préscolaire et l'enseignement primaire
  - d) dérogation à la loi du 24 mai 1989 sur le contrat de travail

**(Suite)**

*Discussion générale (Suite)*